# ADR-Walprogramm

## fir d’Europawale
## vum 26. Mee 2019

- ✓ D'ADR ass fir en Europa vun de souveränen Natiounen.
- ✓ D'ADR ass fir en Europa, an deem all Memberstaat a Bierger respektéiert gëtt.
- ✓ D'ADR ass fir eng Wärungsunioun, déi net zu enger Transfertunioun féiert.
- ✓ D'ADR ass fir oppe Bannegrenzen a sécher Baussegrenzen.


Präambel ... 3

1) Méi Demokratie! ... 7

Lëtzebuerg muss seng vital Interessie verdeedegen ... 7
Eng Revisioun vum Traité fir méi national Souveränitéit ... 8
D'Pluralitéit vun de Meenunge respektéieren ... 9
Europa ass e Rechtsraum! ... 9
Eestëmmegkeet a „Lëtzebuerger Kompromëss" ... 10
D'national Parlamenter an d'Decisiounen abannen ... 11
Lëtzebuerg an allen Institutiounen ... 11
D'Lëtzebuergescht als offiziell Sprooch an Europa ... 12
Brexit ... 13

2) Fir en Europa vum soziale Fortschrëtt ... 13

3) Sécher Baussegrenze fir oppe Bannegrenzen ... 15

Verfeelten Asylpolitik ... 15
Effikasse Schutz vun de Baussegrenzen ... 16
Konform zum internationale Recht ... 17

4) Nee zum Sozialtourismus an de Bannegrenzen ... 17

5) Konsolidéiere virum Erweideren ... 18

6) Baussen- a Sécherheetspolitik ... 18

7) Qualitéit fir Produzent a Konsument ... 20

8) Déiereschutz: Dignitéit virum Commerce ... 21

9) Nohalteg Entwécklung ouni Schikane fir d'Bierger ... 22

10) Gesellschaftspolitesch Froen: eng national Kompetenz ... 23

11) Héichschoul: national Kompetenz a Kooperatioun ... 24

12) Fuerschung: Onofhängegkeet garantéieren ... 25

13) Wirtschaft, Finanzen an internationalen Handel ... 25

14) Fir e staarken Euro ... 27

15) Keng europäesch Taxen! ... 29

# Präambel

D'ADR setzt sech zanter hirer Grënnung fir en **„Europa vun de souveränen Natiounen"** an. Déi rezent Entwécklungen an der Europäescher Unioun bestätegen d'Haltung vun der Alternativer Demokratescher Reformpartei a vun hirer politescher Famill an Europa, der Allianz vun den europäesche Konservativen a Reformer (Alliance des Conservateurs et Réformateurs Européens – ACRE). D'ADR gesäit sech als eng Euro-realistesch oder och eng Euro-pragmatesch Partei. Si ass fir d'Europäesch Unioun, wëllt déi awer an hire Strukturen esou änneren, datt si der Iddi vun engem Europa vun den Natiounen entsprécht. Esou eng Struktur géing der Europäescher Unioun eng méi grouss Akzeptanz bei de Leit an domat och geséchert Kontinuitéit ginn. Den iwwerdriwwenen Zentralismus an den ideologesche Federalismus hunn derzou bäigedroen, den europäesche Projet bei ville Leit an Europa onpopulär ze maachen. Dat entsprécht awer net dem lëtzebuergeschen nationalen Interessi. Lëtzebuerg, als klengt Land, brauch eng stabel Wirtschafts- a Wärungsunioun. Mir mussen also Europa an dësen Zäite stabiliséieren a gläichzäiteg nei opbauen, esou datt d'Iddi vun enger Europäescher Unioun och fir déi nächst Generatiounen a méiglechst ville Länner attraktiv bleift.

D'Entscheedung vum britesche Vollek fir per Referendum aus der Europäescher Unioun auszetrieden, ass en eklatante Beweis fir d'Scheitere vun der Politik vun engem federalen Europa, an deem déi eenzel Länner an Identitéiten an engem groussen „melting pot" solle matenee verschmolt ginn. Eng ganz Rei Länner, wéi déi aus dem Visegrád-Grupp (Ungarn, Polen, Tschechesch Republik a Slowakei), sinn net méi domat averstanen, fir Entscheedungen ëmzesetzen, déi géint hir Interessie geholl gi sinn, ouni datt Eestëmmegkeet verlaangt war. Si an aner Länner ignoréieren duerfir Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff, déi esou Decisioune rechtlech duerchsetze wëllen. Duerzou kënnt, datt eng Rei Länner aus der Eurozon Virschrëfte vu Bréissel net méi akzeptéieren an ëmsetzen. Dës Tendenze sinn en däitlecht Warnzeechen: Wien Europa wëllt, dee kann dat nëmme mat den Nationalstaaten erreechen. D'Alternativ zum Federalismus ass eben net en neien Nationalismus, wéi dat dacks behaapt gëtt. Och en Europa vun den Natioune wëllt keen Nationalismus. Mee mir mussen agesinn, datt déi meeschte Leit un hirer nationaler a kultureller Identitéit wëlle festhalen. En Europa vun den Natiounen, wat dësem Fakt Rechnung dréit, ass dowéinst e besser gëeegente Modell wéi eng Kopie vum amerikanesche Federalismus, déi d'aktuell Europäesch Unioun wëllt ginn.

D'ADR begréisst déi vill Fortschrëtter a Virdeeler, déi d'Europäesch Unioun dem Kontinent, also och Lëtzebuerg a senge Bierger, bruecht huet, besonnesch déi laang Zäit vu Fridden, d'fräi Zirkulatioun vun de Bierger, de Bannemaart an déi gemeinsam Wärung. D'ADR setzt sech dowéinst derfir an, datt déi europäesch Iddie sech net an enger Sakgaass verlafen.

D'ADR setzt sech fir e pragmatescht a realistescht Europa an, fir eng Unioun, déi all Bierger respektéiert, schützt a férdert. Nëmmen eng Europäesch Unioun, déi d'Souveränitéit vun hire Memberstaate respektéiert, wäert op Dauer Erfolleg hunn. An engem Europa vun den Natiounen, esou wéi d'ADR sech dat virstellt, ass de Subsidiaritéitsprinzip[1] d'Reegel. D'gläichberechtegt Bedeelegung vun allen nationale Parlamenter un allen Entscheedungsprozesser ass eng Selbstverständlechkeet.

D'ADR setzt sech konsequent derfir an, datt de „Kompromëss vu Lëtzebuerg"[2] nees am Entscheedungsprozess appliziéiert gëtt. Dëse Kompromëss, mat deem de Pierre Werner 1966 d'Kris mat Frankräich geléist huet, seet, datt wann e Land „vital Interessie" virbréngt, d'Entscheedungen, déi domat zesummenhänken, an der Unanimitéit musse geholl ginn. Dobäi muss et all Land iwwerlooss bleiwen, fir sech selwer ze definéieren, wat a senger Politik e vitalen Interessi ass a wat net.

D'Eestëmmegkeet ass e Prinzip, deen d'Länner un de Verhandlungsdësch zwéngt an hinne Kompromësser offuerdert, bis e Konsens fonnt ginn ass. Esou si Resultater heiansdo méi schwéier a méi lues ze erreechen, wéi bei enger Ofstëmmung mat enger einfacher oder qualifizéierter Majoritéit. Dofir gi si besser akzeptéiert, effektiv ëmgesat a si hale méi laang un. D'ADR betount de Prinzip vun der Eestëmmegkeet als Entscheedungsmodell, virun allem an der Fiskalitéit, der sozialer Sécherheet an der Baussepolitik. A verschiddene manner wichtegen a méi technesche Froen, kann et och zu Ofstëmmunge kommen, déi jee no Wichtegkeet no enger einfacher oder qualifizéierter Majoritéit kënne verlaangen. Mee och an deene Beräicher, an deenen aktuell mat der qualifizéierter Majoritéit kann decidéiert ginn, hält d'ADR drop, datt de Prinzip vum „Lëtzebuerger Kompromëss"[2] ugewannt gëtt an datt et bis zu enger Revisioun vum Traité keng Erweiderung vun de communautairë Kompetenzen däerf ginn.

Déi negativ Erfarungen aus deene leschte Joren – zemools an der Asylpolitik – mussen eis eng Léier sinn. A ville Länner an a villen, och westlechen, Publikatioune gëtt déi aktuell Europäesch Unioun scho mat totalitäre Systemer verglach oder mat gescheiterten, plurinationale Staatsformen aus der europäescher Geschicht. Et gëtt Zäit, fir munches ze korrigéieren, esoulaang dat nach méiglech ass, a fir der Europäescher Unioun eng nei Chance ze ginn.

Net alles muss vun alle gedroe ginn, net alles muss vun alle matgemaach ginn an net all Norm muss déiselwecht si vu Lapland bis op d'Insel Kos! D'ADR wäert dowéinst och aner Forme vun Zesummenaarbecht fërderen, z.B. tëscht de Regierungen (intergouvernemental) a mat de Mëttele vun der verstäerkter Kooperatioun. De Schengen-Prozess ass heifir e positiivt Beispill. Et muss méiglech sinn, fir europäesch Reglementer an Direktiven ze kënnegen, wéi dat och bei all anerem internationale Rechtsinstrument de Fall ass.

D'ADR ass doriwwer besuergt, datt déi europäesch Institutioune permanent méi Kompetenzen an Usproch huelen a sech behuelen, wéi e grousse Staat mat eegenen Interessien. D'Kommissioun ass net méi „gardienne des Traités", mee mécht Politik, dacks op Käschte vun deene klenge Länner. D'Europaparlament wëllt seng Pouvoiren op Käschte vun den nationale Regierungen a Parlamenter ëmmer weider ausbauen – wat net kann am Lëtzebuerger Interessi sinn. Den Europäesche Geriichtshaff mécht Integratiounspolitik iwwer federalistesch Uerteeler – dacks laanscht oder esouguer géint de Wëlle vun de Parlamenter vun de Memberstaaten. Referende géint méi europäesch Integratioun ginn dacks ignoréiert oder ëmgaangen. Alles dat féiert zu Spannungen – alles dat forcéiert eis, fir méiglechst séier Korrekturen iwwert de Wee vun engem neien Traité unzegoen.

## D'ADR erwaart sech vun der Europäescher Unioun:

- eng Friddenspolitik, dëst ënner anerem a Symbios mat der UNO, den transatlanteschen Institutiounen (NATO), dem Europarot an der Organisatioun fir Sécherheet an Zesummenaarbecht an Europa – eng Grënnung vun enger europäescher Arméi ass net néideg, mee eng Zesummenaarbecht vun de Memberstaaten am Sécherheetsberäich ass sënnvoll;
- d'Erhale vun de véier Fräiheete vum Bannemaart: fräi Zirkulatioun vun de Mënschen, fräi Zirkulatioun vu de Wueren, fräi Zirkulatioun vum Kapital a fräi Zirkulatioun vun de Servicer, dëst am Respekt vun allen Dispositiounen an den Traitéen;
- d'Fräiheet vu senge Bierger ze garantéieren an net anzeschränken, besonnesch och am Beräich vun der Meenungsfräiheet;
- oppe Grenze fir éierlech Bierger bannent Europa a sécher Baussegrenzen;
- eng Wärungsunioun mam Euro op fräiwëlleger Basis fir d'Memberstaaten;
- de Schutz vun den europäesche Wirtschaftsinteressie géintiwwer anere gréisseren Entitéite wéi den USA a China.

## D'ADR wënscht sech vun der Europäescher Union:

- en Ugläichen no uewe vun de soziale Standarden an Europa an e resolute Kampf géint d'Aarmut, dëst mat engem Mindestloun, deen den ekonomesche Méiglechkeete vun den eenzele Memberstaate Rechnung dréit;
- e Bereetstelle vu Mechanismen, fir eng flexibel Zesummenaarbecht tëscht de Memberstaaten, aus där e Staat zu all Zäit kann eran- oder och erausgoen;
- gemeinsam, effikass awer och realistesch Reegele fir d'Ëmwelt- an d'Klimapolitik, mat deenen Europa net u Kompetitivitéit um Weltmaart verléiert;
- e gemeinsame Konsumenteschutz;
- en däitlech verstäerkten Déiereschutz.

**D'ADR verlaangt de strikte Respekt virun den nationale Kompetenzen duerch d'Europäesch Unioun an eng Réckverlaagerung vu Kompetenzen un d'Staaten, dëst iwwerall do, wou d'Staaten dat wënschen.** Dat ass an der Reegel de Fall a Beräicher, an deenen en Nationalstaat méi effizient ass, oder wou hie seng eege Wäerteuerdnung wëllt verdeedegen. Enger fräiwëlleger Zesummenaarbecht tëscht Staaten an dëse Beräicher steet dobäi natierlech näischt am Wee! Dëst gëllt besonnesch fir:

- d'Gesondheetspolitik;
- d'Educatiounspolitik an déi berufflech Formatioun;
- d'Jugendpolitik;
- d'Kulturpolitik;
- den Tourismus;
- den Zivilschutz.

Och d'Gesellschafts- an d'Familljepolitik däerfen net am Kompetenzberäich vun der Europäescher Unioun leien.

D'ADR ass géint e Bäitrëtt vun der Tierkei an d'Europäesch Unioun a fuerdert, datt direkt all Verhandlunge fir e Bäitrëtt mat Ankara definitiv ofgebrach ginn! D'ADR verlaangt, datt d'Europäesch Unioun virsiichteg mat de Bäitrëttsverhandlunge mat anere Länner ëmgeet, an drop besteet, datt all Konditiounen (déi sougenannten „Kopenhagener Kritären"3) erfëllt sinn, ier et zu engem Bäitrëtt kënnt. Zu Lëtzebuerg soll iwwert all Erweiderung vun der Europäescher Unioun iwwer Referendum/-en decidéiert ginn.

D'ADR ass iwwerzeegt, datt d'Zukunft an den Erfolleg vun der europäescher Integratioun vun enger enker Kooperatioun vu souveräne Staaten ofhänken, an där déi national Kompetenzen an de Prinzip vun der Subsidiaritéit[1] vun allen Institutioune respektéiert ginn.

## 1) Méi Demokratie!

### Lëtzebuerg muss seng vital Interessie verdeedegen

D'ADR bedauert zudéifst, datt d'Lëtzebuerger Regierung reegelméisseg déi vital Interessie vu Lëtzebuerg um Altor vum Federalismus affert. D'ADR weess natierlech, datt a verschiddene Verhandlunge Kompromësser kënnen néideg a sënnvoll sinn, mee si gesäit awer och, wéi aner Memberstaaten hir Interessien oder déi vun hire wichtegste Wirtschaftsacteuren dacks récksiichtslos wëllen duerchsetzen. Lëtzebuerg muss nees léieren, sech ze wieren a seng Interessien dobäi kloer am A ze hunn.

Als Beispiller fir d'Opgi vun nationalen Interessie gëllen den Ëmbroch an den TVA-Reegele fir den elektronesche Commerce an d'Direktive fir d'Finanzplaz a fir d'Steierharmoniséierung, woubäi Schrëtt fir Schrëtt eis national Wirtschaftsstrukturen ënnergruewe ginn. Um institutionelle Plang kann een déi onnéideg Reduzéierung vun der Zuel vun de Lëtzebuerger Vertrieder am Komitee vun de Regiounen (vu sechs op fënnef) nennen. Domat kann e geféierleche Präzedenzfall geschaf gi sinn, well Lëtzebuerg och ëmmer nees ënner Drock geréit, fir d'Zuel vu senge sechs Vertrieder am Europaparlament ze reduzéieren.

D'ADR verlaangt, datt d'Regierung eis national Interessien um europäeschen Niveau vill méi konsequent verdeedegt an net méi ouni Géigeleeschtungen Ännerungen an de Lëtzebuerger Positiounen envisagéiert.

Et muss ënner allen Ëmstänn dru festgehale ginn, datt d'Fiskalitéit eng national Kompetenz ass. Decisiounen, déi d'direkt Fiskalitéit betreffen, musse weiderhin eestëmmeg geholl ginn. D'ADR fuerdert d'Regierung op, net ze zécke fir vum Vetorecht Gebrauch ze maachen, wann déi vital Interessie vum Land um Spill stinn. Datselwecht gëllt fir d'Baussepolitik, an där et net däerf mat einfacher oder qualifizéierter Majoritéit zu Decisioune kommen.

D'Verdeedegung vun deene wichtegen Interessie verlaangt och, datt d'Lëtzebuerger Regierung méi offensiv an nach méi professionell an der Representatioun vu Lëtzebuerg am Ausland ass, dëst net nëmmen an der Diplomatie, mee z.B. och an de Wirtschaftsgremien. Et muss esouwuel proaktiv wéi och reaktiv agéiert ginn, fir d'Bild vu Lëtzebuerg an Europa an an der Welt positiv duerzestellen. Nieft den diplomatesche Vertriedunge vu Lëtzebuerg kéinten och parastaatlech Organismen dës Aufgab assuréieren, wéi z.B. d'Handelskummer, „Luxembourg for Finance" an ähnlech Organismen.

Fir eng besser Verdeedegung vun den nationalen Interessien an der Europäescher Unioun ass och eng beschtméiglech Vertriedung vu Lëtzebuerg an den ënnerschiddlechen Institutiounen an Organisme vun der Europäescher Unioun néideg, dëst op allen Niveauen, sief dat politesch, diplomatesch oder um Niveau vun den héije Beamten. Resident diplomatesch Vertriedungen an alle Memberstaate si sënnvoll a solle progressiv opgebaut ginn.

D'ADR ass der Meenung, datt déi Lëtzebuerger Europadeputéiert sech sollen, esouwäit ewéi méiglech, koordinéieren, fir wichteg Interessie vu Lëtzebuerg beschtméiglech an deene verschiddene Gremien, z.B. an de Kommissioune vum Europaparlament, ze vertrieden. D'ADR ass jiddefalls derzou bereet, fir bei esou enger Koordinatioun konstruktiv matzewierken.

D'ADR verlaangt vun der Regierung, datt méiglechst vill Lëtzebuerger a gehuewene Positioune vu wichtege Generaldirektiounen (DG) vun der Europäescher Kommissioun an an europäeschen Agencë präsent sinn. Fir dëst laangfristeg ze favoriséieren, sollen Efforten an der Formatioun zu Lëtzebuerg (Uni, INAP) gemaach ginn. Et sollen och Lëtzebuerger op spezialiséierten Héichschoule fir esou Posten ausgebilt ginn.

Speziell Virbereedungen op déi europäesch Concourse sollen organiséiert ginn, speziell och fir Lëtzebuerger Beamten, déi wëlle fir eng Zäit laang oder definitiv an europäeschen Institutioune schaffen. De Statut vum Beamte muss esou flexibiliséiert ginn, datt eng Déngschtzäit bei den europäeschen Institutioune keen

Nodeel fir dee betreffende Beamten duerstellt a seng eventuell Reinsertioun an de lëtzebuergesche Staatsdéngscht onproblematesch an onbürokratesch virgeholl gëtt, inklusiv, wat seng sozial Rechter ugeet.

## Eng Revisioun vum Traité fir méi national Souveränitéit

D'ADR ass fir en Europa vun de souveränen Natiounen a géint e federaalt Europa. Déi reegelméisseg Problemer an Europa däerfen net als Virwand benotzt ginn, fir ëmmer méi Souveränitéit un déi europäesch Institutiounen ofzetrieden! D'Lëtzebuerger Verfassung ass iwwregens an deem Punkt formell: Et kënnt just eng temporär Delegatioun vun de souveräne Rechter a Fro. Op deem Punkt däerf et keng Verfassungsännerung ginn, respektiv muss déi aktuell Bestëmmung an enger eventueller neier Verfassung stoe bleiwen.

D'ADR plaidéiert fir eng Revisioun vum aktuellen Traité, an deem Sënn, datt d'Souveränitéit vun de Staaten nees méi respektéiert an d'Roll vun de gemeinsamen Institutiounen ageschränkt gëtt.

Fir e bessert Gläichgewiicht tëscht nationalen Interessien a vun der Europäescher Unioun gedeelte Kompetenzen hierzestellen, schléit d'ADR dës Moossname vir:

- Eng Rei Kompetenze mussen nees zeréck un d'Memberstaate goen. D'Lëscht vun deene Kompetenze gëtt nei verhandelt, woubäi de Subsidiaritéitsprinzip[1] éischt Prioritéit huet. Fir d'ADR mussen eleng d'Memberstaaten a Budgets- a Steierfroen zoustänneg sinn, an datselwecht gëllt och fir all gesellschaftspolitesch Fro.
- De Subsidiaritéitsprinzip[1] gëtt duerch d'Aféiere vun neie Reegele gestäerkt. Et däerf näischt méi géint de Wëlle vun engem Vollek vun engem Memberstaat oder vu senge gewielte Vertrieder gemaach ginn. Déi europäesch Institutiounen, duerzou gehéiert och den Europäesche Geriichtshaff, däerfen nëmmen an deene Beräicher Decisiounen huelen, an deenen den Traité hinnen explizit Kompetenzen zougesteet. Am Zweiwel gëllt ëmmer un éischter Plaz d'Souveränitéit vun de Staaten.
- Fir d'Kompetenze vun deenen engen a vun deenen aneren nach méi ze verdäitlechen, muss déi sougenannte politesch Kontroll vun den europäesche Rechtsakten an den Traitéen opgeholl, respektiv erweidert ginn. Déi europäesch Institutioune mussen d'Avise vun de Regierungen oder Parlamenter vun de Memberstaate respektéieren.
- Et gi kloer Prozedure festgeluecht, déi de Fall, an deem en nationaalt Parlament eng Direktiv entweder net unhëlt oder kënnegt, reegelen. Domat ass déi Direktiv net oder net méi op dee Memberstaat applicabel. Well esou eng Kënnegung oder eng Ännerung vun engem europäeschen Text reegelméisseg transnational Effekter huet, mussen Informatiounsprozeduren oder Delaie fir d'Ëmsetze virgesi ginn.
- Reglementer, delegéiert Rechtsakten oder all aneren Akt, wou eng direkt Uwennung virgesinn ass, ginn op den äusserste Minimum limitéiert. Am Prinzip ka keen europäesche Rechtsakt méi ouni eng national Geneemegungsprozedur a Kraaft trieden.
- Déi national Verfassunge stinn iwwert dem europäesche Recht. Eng Delegatioun vu Pouvoiren un d'Europäesch Unioun kann ëmmer nëmmen temporär sinn. Si kann also zu all Abléck réckgängeg gemaach ginn.

Esou wéi Walen um nationale Plang organiséiert ginn, fir déi sechs lëtzebuergesch Europadeputéierten ze bestëmmen, muss et och eng national Prozedur ginn, fir de Lëtzebuerger Kommissär ze bestëmmen (z.B.

iwwert e Virschlag vun der Regierung an e Vott an der Chamber). Eng Interventioun vum Europaparlament bei der Nominatioun vun de Kommissären ass also net néideg a gëtt ofgeschaaft.

D'Nominatioun vu sougenannten „europäesche Spëtzekandidaten" bei den Europawale bleift ouni Afloss op d'Nominatioun vum Kommissiounspresident.

Duerch eng nei Ausriichtung vun der Europäescher Kommissioun als Verwaltung, déi méi kloer wéi bis elo am Déngscht vun de Memberstaate steet, ass et och net méi néideg, datt d'Membere vun der Kommissioun fréier Minister an hire respektive Länner waren.

## D'Pluralitéit vun de Meenunge respektéieren

D'ADR ass géint europäesch Direktiven, déi sech a Gesellschaftsfroen améschen. D'ADR bedauert, datt d'Meenungsfräiheet ëmmer méi restriktiv gehandhaabt gëtt, ënner anerem am Kader vun Direktiven, déi behaapten, als Zil ze hunn, sougenannten Diskriminatiounen, „Fake News" oder „Hate Speech" ze bekämpfen. Dobäi sinn déi Definitiounen onkloer, arbiträr oder just dorun orientéiert, wat verschidde, politesch Stréimunge grad am beschten arrangéiert.

Amplaz d'Grondrechter wéi eben d'Meenungsfräiheet ze verdeedegen, féiert d'Europäesch Unioun ëmmer méi Restriktiounen an. Dobäi probéiert eng Majoritéit, en eenheetlecht Denken („pensée unique") duerchzesetzen a virzeschreiwen, wat „gutt" oder „béis" ass, repektiv wat „richteg" oder „falsch" ass. Dëst geschitt zum Deel géint de Wëlle vun demokratesch legitiméierte Regierunge vu Memberstaaten.

D'Meenungsfräiheet muss och da respektéiert ginn, wa si net am „Mainstream" ass oder net als „politesch korrekt" gëllt! D'Legitimitéit vun der Meenungspluralitéit muss an enger fräier Gesellschaft unerkannt sinn. Fir d'ADR ass et dofir wichteg, sech géint all Versich vun Totalitarismus an Zensur an den Institutioune vun der Europäescher Unioun ze wieren a sech fir déi demokratesch Wäerter anzesetzen.

D'ADR wëllt keng Internet-Filteren, déi d'Meenungsfräiheet kéinte behënneren. Am Kontext vum Urheberschutz ass d'ADR dowéinst géint déi sougenannten Upload-Filteren. Dës sinn net amstand, d'Mass un Daten op de soziale Medien ze verwalten. Et däerf net sinn, datt all User a Produzent, deen Inhalter op de soziale Medien héichluet, ënnert dem Generalverdacht vun der Urheberrechtsverletzung steet. Et besteet d'Gefor, datt duerch den Upload-Filter vill Inhalter guer net méi wäerte publizéiert ginn an esou den Internet als Plattform fir e breet ugeluechte Meenungspluralismus a Gefor ass.

D'ADR ass och net der Meenung, datt d'Europäesch Unioun eege Propagandazentren oder Zensurmechanisme soll opbauen, dacks mam Argument, sech wëlle géint Propaganda oder „Fake News" aus anere Staaten oder vun aneren, eventuell konkurréierende Gruppen ze wieren. Eng opgekläerten Ëffentlechkeet, eng wierklech pluralistesch Presselandschaft, eng lieweg Demokratie, kontrovers a lieweg Debatten, ausgezeechent Schoulen, fräien Zougang zu méiglechst villen Informatiounen, Medien an Internet ouni Zensur a virun allem d'Fräiheet vum Bierger sinn déi beschte Garantië géint all Propaganda oder Onwourechten.

D'ADR trëtt entschlossen derfir an, datt d'Europäesch Unioun net ëmmer méi a Richtung vum Totalitarismus ofrutscht.

## Europa ass e Rechtsraum!

D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt Europa muss e Raum sinn, an deem d'Mënscherechter an d'Demokratie exemplaresch respektéiert ginn. Eng frëndschaftlech géigesäiteg Hëllef oder Kritik, fir dat Zil ze erreechen an ze erhalen, ass also justifiéiert.

Am Interessi vun der Glafwierdegkeet an der Akzeptanz vun esou Demarchen, däerf dës Hëllef oder Kritik net selektiv, jee no politeschen Interessie, geschéien. Och däerfe fir den Osten vun Europa net aner Moossstief gëlle wéi fir de Westen.

Wann och a westleche Länner Riichter no politesche Kritären nominéiert ginn, däerf een dat net just am Osten kritiséieren. Wie Referenden am Westen net respektéiert, sollt sech mat der Kritik vun der Demokratie am Osten zeréckhalen. Wie selwer Demonstratiounen nidderschléit, sollt bei der Formuléierung vu senger Kritik un anere Staaten virsiichteg sinn.

Fir d'ADR ass den Asaz fir d'Demokratie an d'Fräiheet a ganz Europa extrem wichteg, awer e muss dobäi och éierlech, glafwierdeg a gerecht sinn! Eng Approche mat Strofen an Drock féiert am ablécklechen Zoustand vun der Europäescher Unioun nëmmen zu weiderem Sträit a bréngt dee ganzen europäesche Projet a Gefor. Mir brauchen erëm méi diskret Diplomatie a manner Politiker mat Megafon a Profilsucht.

D'ADR ënnerstëtzt de Kampf géint Korruptioun a schlechte Management vun europäesche Subventiounen a gesäit doran eng wichteg Aufgab fir deen neien Europäesche Parquet.

## Eestëmmegkeet a „Lëtzebuerger Kompromëss"

Déi europäesch Institutiounen, wéi de Ministerrot vun der Europäescher Union („Conseil") an d'Europäesch Kommissioun, si fir d'ADR keng Regierung, mee international Organer oder Administratiounen am Déngscht vun de Memberstaaten. Och déi Europäesch Kommissioun ass eng Administratioun, déi de Staaten muss ënnergeuerdent sinn. Am Respekt vun de Subsidiaritéits[1]- a Proportionalitéitsprinzipien akzeptéiert d'ADR net, datt Lëtzebuerg oder en anere Memberstaat ënnert d'Tutelle vun iergendenger europäescher Institutioun gestallt gëtt.

E Memberstaat kann all Decisioun oder Initiativ vun enger europäescher Institutioun, déi iwwert hir duerch Traitéë festgeluechte Kompetenz erausgeet, duerch einfach Deklaratioun annuléieren oder ignoréieren. D'Staate kontrolléieren d'Konformitéit vun de Verträg vun den europäeschen Institutiounen, well si hu se geschaf. Et gëtt keng europäesch Souveränitéit, mee europäesch Institutiounen hunn nëmmen derivéiert an delegéiert Rechter, déi aus der Souveränitéit vun de Memberstaaten hiergeleet sinn. D'Hierarchie ass also kloer!

D'ADR verlaangt, datt all eventuellen, temporären Transfert vu Souveränitéit vum nationalen op den europäeschen (oder supranationalen) Plang iwwert en nationale Referendum akzeptéiert oder refuséiert muss ginn.

Fir d'ADR muss d'Eestëmmegkeet d'Reegel sinn. D'ADR verlaangt, datt fir Ausnamefäll, an deenen en neien Traité Majoritéitsdecisiounen erméiglecht, awer no de Prinzipie vum „Kompromëss vu Lëtzebuerg"2 muss gehandelt ginn!

Zanter dem Akraafttriede vum Traité vu Lissabon kënnen Entscheedunge geholl gi géint den Avis vun 13 Memberstaaten (vun 28!), déi net manner wéi 35% vun der Bevëlkerung duerstellen. Dat däerf net sinn!

De Prinzip vun der qualifizéierter Majoritéit, esou wéi am Traité vu Lissabon festgeluecht, erlaabt et also, Decisioune géint de Wëlle vun enger grousser Unzuel u Memberstaaten ze huelen. De groussen Duercherneen an der Migratiounsfro (wou ënner Lëtzebuerger Presidence de Prinzip vun der Majoritéitsdecisioun ugewannt ginn ass) ass en eklatante Beweis, datt een net géint de Wëlle vu Memberstaaten kann entscheeden. Europa ass zanterhier an enger déiwer politescher a Vertrauenskris.

Dobäi kënnt, datt am Kader vum Vott mat enger qualifizéierter Majoritéit Lëtzebuerg de facto näischt ze soen huet! Mir hunn also keen Interessi dorun, fir esou eng Entscheedungsform ze favoriséieren.

## D’national Parlamenter an d’Decisiounen abannen

„Déi ganz Direktiv an nëmmen d’Direktiv”: D’ADR verlaangt, datt d’Regierung an d’Chamber beim Ëmsetze vun europäesche Rechtsakten an dat nationaalt Recht dëse Prinzip respektéiert. Esouwuel de Bierger wéi den Entreprisen däerfe keng Moossnamen imposéiert ginn, déi méi wäit ginn ewéi déi, déi um europäeschen Niveau verhandelt ginn. Et geet dobäi och ëm Berechebarkeet a juristesch Sécherheet am Kader vum Bannemaart. Well en europäescht „Reglement” direkt applicabel ass an d’Chamber net an den Decisiounsprozess agebonnen ass, gëtt d’Matière, déi iwwert e Reglement ka gereegelt ginn, staark limitéiert. Besonnesch an der Finanzkris ass dat Instrument benotzt ginn, fir de Staaten Oplagen ze imposéieren, ouni datt déi national Parlamenter konnte matschwätzen. Mat Demokratie hat dat näischt méi ze dinn. Och dowéinst seet d’ADR kloer: All Staat kann eng Direktiv oder e Reglement kënnegen!

Fir déi national Interessien op eng effikass Manéier ze verdeedegen, mussen déi verschidde Vertrieder an den europäeschen Institutiounen, vum Premierminister bis bei d’Fonctionnairë mat Delegatiounen, am Viraus – wann zäitlech méiglech – iwwer kloer Mandater verfügen, déi am Accord mat der Chamber definéiert ginn. D’Chamber muss also bei den Entscheedungen, déi am Conseil ze treffe sinn, am Viraus informéiert ginn, fir datt et op d’mannst zu enger Debatt an der zoustänneger Chamberskommissioun kënnt. D’Ministere kréien d’Obligatioun, fir no engem Conseil der Chamber e Rapport ze maachen.

Fir déi national Interessien an der Europäescher Unioun a bei aneren internationalen Institutiounen esouwäit ewéi méiglech ze verdeedegen, mussen d’Moyene vun der Chamber gestäerkt ginn. All Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, musse genuch Personal hunn, fir déi europäesch Aarbecht seriö kënnen ze verfollegen an ze gestalten.

D’ADR verlaangt, datt d’Subsidiaritéits- a Proportionalitéitsprinzipie streng respektéiert ginn. D’Chamber muss derfir suergen, datt dës Prinzipie strikt agehalen ginn a muss, wann néideg, vun allen Instrumenter, déi hir duerch den Traité vu Lissabon a virun allem duerch den zukünftegen neien EU-Traité zur Verfügung stinn, Gebrauch maachen.

Bis en neien Traité ausgehandelt ass, verlaangt d’ADR eng Revisioun vun der Prozedur vum „Avis motivé”, och nach „giel Kaart” genannt. An der aktueller Situatioun, opgrond vun de ganz kuerzen Delaien (aacht Woche fir eng „giel Kaart,” mat klengen zäitlechen Amenagementer fir de Congészäiten an de Memberstaaten Rechnung ze droen), muss an der Chamberverwaltung eng Taskforce agesat ginn, déi direkt déi pertinent Informatiounen un déi betreffend Chamberkommissiounen an un d’Parteien, déi am nationale Parlament vertruede sinn, weidergëtt. D’Chambersreglement muss esou ëmgeännert ginn, datt och eng Minoritéit (z.B. een Drëttel vun den Deputéierten) de Mechanismus vun der „gieler Kaart” kann ausléisen.

An Zukunft mussen d’europäesch Institutiounen och eng Prozedur vun der „rouder Kaart” aféieren: Hei kritt all nationaalt Parlament d’Recht, d’Entscheedungsprozedur, déi zu engem europäesche Rechtsakt kéint féieren, direkt ze stoppen.

D’ADR rifft d’Chamber derzou op, geziilt un interparlamentareschen Aarbechte vun nationale Parlamenter vun EU-Memberstaaten deelzehuelen. Dëst mam Zil, d'politescht Gewiicht vun den nationale Parlamenter géintiwwer den europäeschen Institutiounen anzesetzen an ze stäerken.

## Lëtzebuerg an allen Institutiounen

Fir d’ADR steet fest: Lëtzebuerg muss permanent an allen Entscheedungsgremie vun der Europäescher Unioun vertruede sinn, Kommissioun mat abegraff. D’Entscheedung vum Europäesche Conseil vun Dezember 2008, an där de Prinzip vun der permanenter Vertriedung vun alle Memberstaaten an der Kommissioun festgehale gouf, muss institutionaliséiert ginn.

De Sëtz vun den Institutioune gouf, vun e puer Ausnamen ofgesinn, duerch déi sukzessiv Traitéë festgeluecht an am Traité vu Lissabon confirméiert. Eng eventuell Ännerung – an dat gëllt och a besonnesch fir de Sëtz vum Europaparlament – kéint also nëmmen aus enger gemeinsamer Entscheedung vun alle Regierungen, dat heescht, mam Accord vun der Lëtzebuerger Regierung, ervirgoen. D'ADR verlaangt och an dëser Fro, datt d'Lëtzebuerger Regierung kee Millimeter nogëtt!

Lëtzebuerg muss Sëtz vun dësen Institutioune bleiwen:

- d'Sekretariat vum Europaparlament a vu senge Servicer;
- de Ministerrot fir d'Sëtzungen am Abrëll, Juni an Oktober;
- verschidde Servicer vun der Europäescher Kommissioun;
- de Geriichtshaff vun der Europäescher Unioun;
- den Europäesche Parquet (vun 2020 un);
- den Europäesche Rechnungshaff;
- den Office des publications de l'Union européenne;
- den Iwwersetzungszentrum fir d'Organer vun der Europäescher Unioun;
- Eurostat;
- d'Agence exécutive fir Gesondheet a Konsumenten;
- d'Europäesch Investitiounsbank an den Europäeschen Investitiounsfong;
- de Fonds européen de stabilité financière (FESF) an den Europäesche Stabilitéitsmechanismus (ESM - och wann dësen am eigentleche Sënn keng EU-Institutioun ass).

D'ADR fuerdert all déi europäesch Institutiounen op, d'Traitéen an d'Engagementer, déi géintiwwer Lëtzebuerg geholl goufen, ze respektéieren a keng eegemächteg Transferte vu Personal oder vu Generaldirektiounen op Bréissel duerchzeféieren. All eventuellen Transfert muss verhandelt a kompenséiert ginn.

Am Géigenzoch mussen d'Lëtzebuerger Regierung an aner Autoritéiten, wéi z.B. d'Stad Lëtzebuerg, dofir suergen, datt déi europäesch Institutiounen iwwer optimal Aarbechtskonditioune verfügen an datt d'Fonctionnairen an aner Salariéen am Déngscht vun dësen Institutiounen, wéi och hir Familljen, iwwert en agreabele Liewenskader verfügen. Fir eng Konkurrenz tëscht Sièger ze vermeiden, mussen déi zoustänneg europäesch Autoritéiten derfir suergen, datt de Loun vun de Fonctionnairen, déi zu Lëtzebuerg täteg sinn, a Kafkraaftparitéiten, deeselwechten ass ewéi deen, deen op den anere Standuerter ausbezuelt gëtt.

## D'Lëtzebuergescht als offiziell Sprooch an Europa

D'ADR setzt sech derfir an, datt d'Lëtzebuergescht als offiziell Sprooch vun der Europäescher Unioun unerkannt gëtt, an dëst esou fréi ewéi méiglech!

D'ADR fuerdert d'Lëtzebuerger Regierung op, esou séier ewéi méiglech eng Prozedur zu deem Zweck am Conseil ze initiéieren. Fir d'ADR geet et net duer, mat den europäeschen Institutiounen Verhandlungen opzehuelen, fir mat hinnen en Accord iwwert en „arrangement administratif" ze fannen, wéi d'Regierung et an der „Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch" festgehalen huet. Et geet och net duer, datt europäesch Institutiounen op Lëtzebuergesch äntweren, wann e Bréif oder eng Demande u si an eiser Nationalsprooch verfaasst ass. Dëst gëllt héchstens als en éischte Schrëtt, deen esou séier ewéi méiglech soll realiséiert ginn. D'Basis dofir kënnen d'Conclusioune vum Ministerrot vum 13. Juni 2005 iwwert de Gebrauch vun zousätzleche Sprooche sinn.

D'ADR verlaangt d'Unerkenne vun der Lëtzebuerger Sprooch ënner ähnleche Konditioune wéi bei der Unerkennung vun der maltesescher Sprooch an der irescher Sprooch. Si verweist op d'Resolutioun vum Europaparlament vum 20. Februar 1995, déi confirméiert, datt all EU-Deputéierten d'Recht huet, a senger Mammesprooch ze schwätzen an ze schaffen. D'ADR kann domat averstane sinn, datt net all Text op Lëtzebuergesch muss iwwersat ginn. Hei ass, a Verhandlunge mat der Europäescher Unioun, eng Reegelung ze fannen, mat Ausnamen an Delaien, ähnlech wéi se och fir Malta an Irland ugewannt gi sinn. Net an all Reunioun muss e Lëtzebuerger Dolmetscher derbäi sinn. Lëtzebuerger Vertrieder, z.B. Deputéierter am Europaparlament oder Lëtzebuerger Ministeren a Versammlunge vum Conseil, musse sech awer kënnen op Lëtzebuergesch ausdrécken a fir dës Fäll iwwer Dolmetscher verfügen.

D'ADR fuerdert déi Lëtzebuerger Europadeputéiert op, sech, esou séier ewéi méiglech, am Parlament op Lëtzebuergesch auszedrécken.

**Brexit**

D'ADR gesäit prioritär d'Noutwennegkeet vun enger dauerhafter gudder Bezéiung tëscht der Europäescher Unioun an dem Vereenegte Kinnekräich. D'Europäesch Unioun däerf keng „punitiv" Approche géintiwwer de Briten hunn, fir wëllen ze beweisen, datt en Austrëtt aus der Europäesch Unioun an eng „Häll" féiert, wéi Eenzeler dat schonn ausgedréckt hunn.

Déi vertraglech Relatioune mam Vereenegte Kinnekräich nom Brexit mussen esou ëmfaassend an intensiv ewéi méiglech sinn. D'Brécken tëscht dem Vereenegte Kinnekräich an dem kontinentalen Europa däerfen net ofbriechen, mee mussen am Géigendeel konsolidéiert an intensivéiert ginn.

De Brexit bitt d'Geleeënheet, déi europäesch Institutiounen esouwäit ze flexibiliséieren, datt en „Europa op Wonsch" („Europe à la carte") méi einfach ze realiséieren ass. Domat kéint déi aktuell Europäesch Unioun méi stabil ginn. Och den Drock fir ëmmer méi Erweiderunge kéint ofgefiedert ginn.

D'ADR ass der Iwwerzeegung, datt Lëtzebuerg seng Bezéiung mam Vereenegte Kinnekräich muss däitlech intensivéieren. De Schutz vun den Interessie vun der Lëtzebuerger Ekonomie, besonnesch vun der Finanzplaz, verlaangt eng grouss Uechtsamkeet. Eng Verstäerkung vun eisen diplomatesche Vertriedungen zu London, zu Dublin a bei der OCDE ass néideg. Lëtzebuerg muss zu all Zäit dorop oppassen, datt et an enger fairer Konkurrenzsituatioun géintiwwer London an Dublin bleift.

Briten an der Europäescher Unioun an EU-Bierger am Vereenegte Kinnekräich sollen, op der Basis vun der Reciprocitéit, esouvill ewéi méiglech Rechter hunn. Analog soll dat och fir aner Länner, besonnesch fir d'Schwäiz, Norwegen a Liechtenstein gëllen.

## 2) Fir en Europa vum soziale Fortschrëtt

Fir datt d'Europäesch Unioun erëm méi Akzeptanz bei de Bierger fënnt, muss nieft dem Respekt vun der Souveränitéit vun all Memberstaat déi sozial Dimensioun vun der Politik an de Virdergrond gestallt ginn. D'Bierger solle wëssen, datt si och duerch d'Politik vun der Europäescher Unioun sozial ofgeséchert ginn. Dat kann z.B. doduerch erreecht ginn, datt de Sozial-Dumping ënnert de Memberstaaten ënnerbonne gëtt an an internationalen Handelsofkommen, déi sozial Interessie vun den EU-Bierger ëmmer mat berécksiichtegt ginn.

De „soziale Fortschrëtt" ass ausdrécklech am Artikel 3 vum Traité festgeschriwwe ginn (nieft der Sozialwirtschaft, kombinéiert mat engem héich kompetitive Marché!). D'ADR verlaangt vun der Europäescher Unioun, datt dëse soziale Fortschrëtt endlech ëmgesat gëtt! D'ADR wënscht sech eng

Europäesch Unioun, an där d’Wäerter vun der sozialer Gerechtegkeet a vun der sozialer Solidaritéit an all Politikberäich als e wichtegen Deel vun der europäescher Politik ugesi ginn.

D’ADR bekennt sech zum Prinzip vun der Gläichberechtegung vu Mann a Fra an zum Prinzip vun därselwechter Pai fir déi selwecht Aarbecht. D’ADR wëllt de Schutz vun der Fra, déi an aneren Ëmstänn ass, europawäit am Aarbechtsrecht verstäerken.

D’ADR begréisst, datt de Chômage generell an der Europäescher Unioun zeréckgeet, obwuel et nach e wäite Wee bis zur Vollbeschäftegung ass. D’ADR bedauert, datt de Chômage vun de Jonken nach ëmmer vill ze héich läit (16,6% an der Eurozon a 14,9% an der Europäescher Unioun am Dezember 2018), woubäi a Griicheland, Spuenien an Italien iwwert een Drëttel vun der Jugend keng Aarbecht huet. Dobäi kann d’Léisung net doranner leien, datt dës jonk Leit vun engem Land an dat anert musse plënneren, fir eng Aarbecht ze fannen. D’ADR begréisst an deem Kontext d’Efforten am Kader vun der „Garantie Jeunesse” a fuerdert, dës Mëttelen nach méi cibléiert anzesetzen.

D’ADR verlaangt, datt alles an d'Weeër geleet gëtt, fir de Chômage weider ze reduzéieren, ouni datt dobäi Sozial-Dumping bedriwwe gëtt oder déi sozial Errongenschaften a Fro gestallt ginn. E wichtegt Element dobäi ass eng gutt Aus-, Fort- a liewenslaang Weiderbildung.

De Kampf géint d’Aarmut däerf net nëmmen eng national Kompetenz sinn, mee muss gläichzäiteg vun der Europäescher Unioun ënnerstëtzt ginn an als eng vun den Norme vun der Konvergenzpolitik gëllen. Dëst heescht awer net, datt eenzel Memberstaaten hir Verantwortung op d’Europäesch Unioun kënnen oder sollen iwwerdroen. D’Iwwerwaache vum Anhale vum Aarbechtsrecht soll dowéinst prinzipiell eng national Kompetenz bleiwen. Et kënnen awer um europäeschen Niveau Strukture gestäerkt oder geschafe ginn, fir do, wou et z.B. ëm Sozial-Dumping, ëm eng Verletzung vun Ëmwelt- oder Qualitéitsnormen oder ëm Verstéiss géint d’Hierkonftsreegele geet, besser Kontroll a méi liicht Interventiounen ze erméiglechen. Dës Strukture kéinten och fir d’Konsumenten en direkten Uspriechpartner sinn.

D’ADR setzt sech dofir an, datt, esou wéi et Kritäre gi fir an der Eurozon deelzehuelen, vergläichend Sozialnormen an d’Formuléierung vun der europäescher Politik mat afléissen (Chômage-Taux, Jugendchômage, soziale Mindestloun a Mindestakommes am Verhältnes zum Medianrevenu). Dës Norme ginn un déi wirtschaftlech Situatioun vun all Land ugepasst, awer mam Zil, fir si no uewen unzegläichen. Dobäi kréien déi Länner, déi ënnert dem europäeschen Duerchschnëtt leien, iwwer spezifesch Moossname gehollef, dëst am Respekt vum Verbuet vun enger Transfertunioun.

An alle Memberstaate muss och séchergestallt ginn, datt d’Léin an d’Pensioune reegelméisseg un d’Inflatioun ugepasst ginn, fir esou d’Kafkraaft ze erhalen.

D’ADR verlaangt dowéinst, datt de Bannemaart och op enger staarker sozialer Reglementéierung baséiert, déi och d’Interessie vu Salariéë schützt, déi a Länner mat héije Léin schaffen a wunnen. Déi fräi Zirkulatioun vu Wueren a Salariéen däerf net mëssbraucht ginn, fir de Sozialschutz ze ënnergruewen oder no ënnen unzepassen. Fir de Sozial-Dumping ze verhënneren, plädéiert d’ADR fir eng progressiv Harmoniséierung vum Aarbechtsrecht an der EU, an zwar esou, datt sech progressiv un déi Länner mat de beschten Normen ugepasst gëtt.

D’Direktiven, wéi z.B. déi sougenannten „Entsenderichtlinie” (directive détachement), mussen esou amendéiert ginn, datt fir den Aarbechter e maximale Sozialschutz an eng maximal sozial Ofsécherung garantéiert bleiwen, déi ni méi niddreg däerfe sinn ewéi d’Norme vum Land, an deem d’Aarbecht tatsächlech duerchgeféiert gëtt. Si mussen och de Sozial-Dumping, deen duerch Firmen, déi nëmmen zu deem Zweck gegrënnt ginn, oder duerch dubiéis Aarbechtskontrakter bedriwwe gëtt, verbidden.

De soziale Mindestloun zu Lëtzebuerg oder de Loun, deen duerch e Kollektivvertrag festgeluecht ass, muss fir all Aarbecht gëllen, déi zu Lëtzebuerg duerchgeféiert gëtt, ganz onofhängeg vum legale Statut vun der betreffender Persoun an der Entreprise, déi hei schafft. Dofir mussen déi national Autoritéiten (zu Lëtzebuerg: ADEM, ITM an Douane) Méiglechkeete kréien, fir wierksam Kontrolle reegelméisseg duerchzeféieren.

D'sozial Dimensioun vun der europäescher Politik fënnt een a ville Beräicher erëm. D'ADR bekennt sech ausdrécklech zum Transfertverbuet aus dem Maastrichter Traité. Si ass also och net der Meenung, datt et soll zu enger europäescher Chômageversécherung kommen. Sozialpolitik ass an éischter Linn eng national Kompetenz a soll dat och bleiwen. Allerdéngs ass et och esou, datt z.B. ekonomesch a finanzpolitesch Moossname positiv Effekter a strukturell méi schwaache Regioune kënne bewierken.

D'ADR ass der Meenung, datt Solidaritéitsfongen net däerfe fir politesch Zwecker mëssbraucht ginn. Et ass falsch, Memberstaate wëlle politesch dermat ënner Drock ze setzen, datt Fonge fir sozial schwaach Regiounen a fragiliséiert Mënschen u politesch Fuerderungen an anere Beräicher gebonne ginn oder iwwerhaapt a Fro gestallt ginn.

Am Kader vun der Eurozon soll et – op eng flexibel Manéier, projetsorientéiert a fir Länner déi dat wëllen – méiglech sinn, fir Strukturmoossnamen an aneren Eurozon-Länner ze ënnerstëtzen, wann doduerch d'Gesamtekonomie vun der Eurozon gestäerkt gëtt. Esou ekonomesch Projete sollen ëmmer och eng sozial Dimensioun hunn a sollen esou verhandelt ginn, datt all Natioun, déi sech bedeelegt, doduerch direkt Virdeeler ka kréien. Fir d'Finanzéierung vun esou Eurozon-Projete solle spezifesch Instrumenter geschafe ginn, z.B. bei der Europäescher Investitiounsbank (EIB). En extrae Budget fir d'Eurozon ass dofir net néideg.

D'ADR ass och der Opfaassung, datt eng effektiv a gerecht Besteierung, z.B. vun internationale Konzerner, zur sozialer Dimensioun vun der Politik bäidréit. Si ënnerstëtzt dowéinst Initiativen, z.B. vun der OCDE, déi e Kader dofir solle schafen. Lëtzebuerg muss dobäi awer drop oppassen, datt ëmmer e „level playing field" fir all Staate geschafe gëtt. D'Europäesch Union eleng ass ze kleng, fir bei Konzerner, déi weltwäit operéieren, wéi z.B. am Beräich vum Internet, esou eng Besteierung ze assuréieren. D'Erhiewe vun de Steieren, och vun internationale Konzerner, ass ëmmer eng national Kompetenz, an déi Recette mussen an déi national Budgete fléissen.

## 3) Sécher Baussegrenze fir oppe Bannegrenzen

### Verfeelten Asylpolitik

D'ADR stellt fest, datt déi onkontrolléiert Immigratioun an Europa eng vun de groussen Ursaachen ass, firwat vill Bierger d'Vertrauen an d'Europäesch Unioun verluer hunn. Dës onkontrolléiert Immigratioun ass zum Deel dorop zeréckzeféieren, datt am Fréijoer 2015 Däitschland duerch d'Kanzlerin Angela Merkel, ouni Ofsprooch mat den anere Memberstaaten, d'europäesch Gesetzgebung a besonnesch d'Dubliner Ofkommes ausser Kraaft gesat huet.

D'ADR bedauert ganz besonnesch, datt, ënner Lëtzebuerger Presidence, eng Decisioun mat der qualifizéierter Majoritéit geholl ginn ass, also géint de Wëlle vun enger Rei vu Memberstaaten. An dëser Decisioun ass et ëm „provisoresch Mesure" gaangen, fir Asyldemandeuren iwwer ganz Europa ze verdeelen. Dës Decisioun ass net nëmmen ni ëmgesat ginn, mee huet och nach fir Spannungen a Konflikter tëscht de Memberstaate gesuergt an zu Uerteeler vum Europäesche Geriichtshaff gefouert, déi net respektéiert ginn.

D'ADR steet fir eng human Asylpolitik, dëst och am europäesche Kontext. D'ADR ass prinzipiell ëmmer bereet, fir Leit ze hëllefen, déi verfollegt ginn. Een Aspekt dovun ass, datt Persounen, déi Recht op Asyl hunn,

am Kader vun enger europäescher Solidaritéit zu Lëtzebuerg kënne relokaliséiert ginn (z.B. aus Griicheland oder Italien). Dëst muss awer ëmmer opgrond vun enger souveräner, nationaler Entscheedung geschéien. Leit, déi vu sech aus iwwer sécher Drëttstaaten op Lëtzebuerg kommen, hunn hei kee Recht op Asyl.

Fir d’ADR muss d'Asylrecht eng national Kompetenz bleiwen. Et däerf keng Quotereegelung op europäeschem Niveau fir d'Verdeele vun de Migrante ginn. All Land muss selwer fir sech entscheeden, wat fir Leit am Land däerfe liewen a wat fir net.

## Effikasse Schutz vun de Baussegrenzen

D'ADR applizéiert d'Konventioun vun 1949 iwwert de Schutz vun Zivilpersounen a Konfliktsituatiounen, d'Asylrechtskonventioun vun 1951, d'Schengen-Konventioun an d'Accorde vun Dublin. Wann dës Rechtsinstrumenter op europäeschem Niveau net konsequent an zouverlässeg ugewannt ginn, muss all Land d'Recht hunn, zu all Abléck an opgrond vun enger souveräner Decisioun, seng national Interessien duerch adequat a proportionéiert Moossnamen, inklusiv Grenzkontrollen, ze schützen. D’ADR huet sech géint den UNO-Migratiounspakt ausgeschwat a wëllt deem Text keng Rechtsbasis um Niveau vun der Europäescher Unioun zougestoen.

Europa ass zanter Jore mat enger massiver Immigratiounswell konfrontéiert, déi op ville Plaze politesch destabiliséierend gewierkt huet. Et ass dohier wichteg, datt verantwortungsvoll, virsiichteg a vernënfteg mat deem Thema ëmgaange gëtt. Fir d’ADR ass den UNO-Migratiounspakt a senger Gesamtheet net akzeptabel. Mat enger ideologescher a praxisfriemer Approche vertrëtt dëse Pakt Iddien, déi enger Fiktioun gläichen. Esou seet z.B. de Punkt 39 vun deem Pakt, datt all d'Länner – och Lëtzebuerg – esouwuel Zil-, Transit- an Hierkonftslänner sinn. Dobäi gëtt d’Realitéit verleegent, nämlech datt besonnesch westeuropäesch Staaten éischter zu den Zilllänner ewéi zu den Hierkonftslänner zielen – eng ideologesch verblenten Approche also. De Fuerderungskatalog schéngt kenger aktueller, rechtlecher, faktueller oder politescher Noutwennegkeet ze entspriechen an ass also éischter e politesch, finanziell an/oder ideologesch motivéiert Instrument. Fatzeg Kritik gëtt et dann och un der Prozedur vum Dokument: Eng Prozedur, déi d’Autoritéit vum Parlament komplett ënnergrieft, ass per se ondemokratesch. Esouguer e Mënscherecht op Migratioun kéint een an dësen Text eraninterpretéieren. Dëst géif diametral am Widdersproch mam Konzept vun de souveräne Staate stoen.

Inakzeptabel ass fir d’ADR och déi eesäiteg positiv Duerstellung vun der Migratioun. Dëst entsprécht net der Wourecht, well d’Migratioun esouwuel fir d’Hierkonftslänner ewéi och fir d’Zillänner eng Rei vun negative Konsequenze kann hunn, z.B. den onmoralesche Brain-Drain, den Drock op de Wunnengs- an Aarbechtsmaart, Exploitatioun, sozial Dereguléierung, Iwwerbeusprochung vun de budgetäre Mëttelen an der Sozialversécherung asw. Den UNO-Migratiounspakt kéint och negativ Konsequenze fir d’Press hunn, wa si onkamoud Standpunkten zum Thema Migratioun vertrëtt. D’ADR seet dofir kloer Nee zum UNO-Migratiounspakt a wäert sech mat dësem Standpunkt och Gehéier an der Chamber verschafen.

Fir eng human Asylpolitik kënnen duerchzeféieren, am volle Respekt vun internationale Konventiounen an dem europäesche Recht, verlaangt d'ADR effikass geschützte Baussegrenze vun der Europäescher Unioun! Well dëst aktuell net garantéiert ass a wéinst gréissere Migratioune vun Net-EU-Bierger bannent Europa, fuerdert d’ADR national Moossname fir d'illegal Immigratioun ze verhënneren.

D’ADR ass fir d’Iddi vum fräie Persouneverkéier, mee nëmme fir éierlech Bierger! Dowéinst ass d'ADR averstanen, datt Lëtzebuerg zum Schutz vun den europäesche Baussegrenze bäidréit, och duerch e Bäitrag zu Frontex. D’Aféiere vun engem europäesche Grenzschutz bleift dobäi awer ëmmer der nationaler Souveränitéit vun deem Land ënnergeuerdent, an deem esou eng Trupp soll agesat ginn. En Asaz géint de Wëlle vun engem concernéierte Land muss onméiglech sinn. D’ADR verdeedegt awer och dat natierlecht

Recht vun all Staat, fir seng Grenzen esou kontrolléieren ze kënnen, wéi dësen et fir richteg hält. Déi europäesch Instanze solle sech net däerfen an dat fräit Ausübe vun de souveräne Rechter vun de Staaten améschen. Och déi Lëtzebuerger Douane muss allzäit iwwer genuch personell an aner Mëttele verfügen, fir op d'mannst séier, cibléiert a punktuell, Kontrollen un de Lëtzebuerger Grenzen kënnen duerchzeféieren. Dës kënnen op eng nëtzlech a wierksam Manéier zum Kampf géint d'illegal Immigratioun an d'grenziwwerschreidend Kriminalitéit bäidroen.

Illegal Migratiounsbeweegunge bannent der Europäescher Unioun, kënnen de Schengen-System fundamental a Fro stellen. A ville Länner gesäit ee schonn esou Tendenzen. Dëst ass net am Interessi vum Lëtzebuerger Land. Vernënfteg an effikass Kontrolle schützen also och de Prinzip vum fräie Persouneverkéier am Schengen-Raum.

D'ADR fuerdert eng staark Ënnerstëtzung vun humanitären Organisatiounen am Beräich vun der Flüchtlingsproblematik, besonnesch vum UNHCR (United Nations High Commissioner for Refugees). Gläichzäiteg gëllt et, enger Proliferatioun vun Acteuren an dësem Beräich entgéintzewierken, fir d'Efforte kënnen ze konzentréieren, d'Anhale vu Rechtsnormen ze garantéieren an d'Kontroll ze erliichteren.

### Konform zum internationale Recht

A Konformitéit mam internationale Recht muss et d'Zil sinn, déi Persounen, déi hei am Land sinn als BPI (Bénéficiaire de protection internationale) oder DPI (Demandeur de protection internationale), esou séier ewéi méiglech, dat heescht, esoubal d'Konditiounen et erlaben, an hir Länner zeréckzeféieren. En internationale Schutzstatus däerf net mat enger dauerhafter Immigratioun verwiesselt ginn.

D'ADR schwätzt sech derfir aus, eventuell Ufroen op Asyl esouwäit ewéi méiglech baussent dem Gebitt vun der Europäescher Unioun entgéintzehuelen an do ze ënnersichen. Déi kriminell Praktike vu Schmuggler a Mënschenhändler mussen ënnerbonne ginn.

D'ADR verweist och op hir Propositiounen am Kader vun der Entwécklungshëllef an op d'Wichtegkeet vun engem konsequenten Engagement fir den internationale Fridden an d'Sécherheet. Eng gutt Diplomatie mat adequate Mëttelen an eng cibléiert Kooperatiounspolitik kënnen derzou bäidroen, Migratiounsbeweegunge staark ze verréngeren.

## 4) Nee zum Sozialtourismus an de Bannegrenzen

D'ADR bekennt sech ausdrécklech zum Erhale vun de véier Fräiheete vum Bannemaart, also och zur fräier Zirkulatioun vun de Mënschen, esouwäit si legal ass. De fräie Persouneverkéier an d'Ofschafe vun de Grenzkontrollen bannent der EU – Resultater déi och mam Accord vu Schengen erreecht gi sinn –, gehéieren zu de groussen Acquise vun der Europäescher Unioun.

D'ADR ënnersträicht, datt den Accord vu Schengen de 15. Juni 1985 vu Benelux, Däitschland a Frankräich ënnerschriwwe gouf, dat heescht vu fënnef Länner mat bal equivalentem Liewensstandard a mat ähnlechen Normen an de Beräicher Justiz, Police a Sozialschutz. Duerno ass de „Schengen-Raum" awer däitlech gewuess an erfaasst ewell Länner mat ganz ënnerschiddleche wirtschaftlechen a soziale Standarden.

D'ADR mécht dorop opmierksam, datt am Traité vu Lissabon, an der Konventioun vu Schengen an den Direktiven zum fräie Persouneverkéier Dispositiounen stinn, fir de Sozialtourismus ze vermeiden. D'Artikele 45 a 46 vum Traité vu Lissabon betreffe méi spezifesch de fräie Persouneverkéier. D'Direktiv 2004/38/CE hält hirersäits de Prinzip vun de genügende Revenuen (ressources suffisantes) fest.

Dëst heescht ganz konkret: Fir datt sech en EU-Bierger méi laang ewéi 3 Méint an engem aneren EU-Land kann ophalen, muss hien do e Revenu als Salarié oder Independant hunn. Mat dësem Akommes muss hien, ouni Sozialhëllef, fir sech selwer a fir seng Famill suerge kënnen. Wann dës Konditiounen erfëllt sinn, kënnen och d'Membere vu senger Famill mat an dat anert EU-Land kommen.

D'Gesetz vum 26. Abrëll 2012 iwwert de fräie Persouneverkéier an d'Immigratioun setzt dës Dispositiounen an nationaalt Recht ëm. D'ADR besteet drop, datt dëst Gesetz strikt ugewannt gëtt. Et muss een esouwuel d'Sozialsystemer vu Lëtzebuerg, ewéi och d'Bierger aus anere Memberstaate schützen, déi duerch falsch Verspriechen oder ganz kuerzfristeg Aarbechtskontrakter ugezu ginn, fir duerno, ënnert anerem wéinst den héije Wunnengspräisser, mat der Aarmut an der Exklusioun konfrontéiert ze ginn.

D'ADR fuerdert d'Europäesch Unioun op, Memberstaaten ze hëllefen, an deene Minoritéiten (wéi z.B. d'Roma) nach ënnert der Exklusioun leiden, dës an hire jeeweilege Länner wirtschaftlech ze integréieren, am Respekt vun dëse Minoritéiten hire kulturellen Eegenschaften. Et däerf anerersäits net weider toleréiert ginn, datt dës Exklusioun am Hierkonftsland hei zu Lëtzebuerg zu organiséierter Heescherei féiert. Et gëtt keng Beweegungsfräiheet an der Europäescher Unioun, déi zum Zweck huet, Mënschen duerch organiséierten Heeschebanden auszebeuten.

## 5) Konsolidéiere virum Erweideren

D'ADR weess déi historesch Roll vun den Erweiderunge vun der Europäescher Unioun ze schätzen. Länner am Süde vum Kontinent hunn domat Demokratie- a Wirtschaftsdefiziter kënnen iwwerwannen. De Bäitrëtt vu Länner, déi op der anerer Säit vum eisene Riddo waren, huet et erlaabt, de Fridden um Kontinent nohalteg ze stäerken. Déi grouss a séier Erweiderung vun der Unioun huet awer och d'Limitte vun deem Exercice gewisen.

Fir d'ADR ass elo den Zäitpunkt do, fir d'Acquisen ze konsolidéieren an eng méi grouss Harmoniséierung tëscht de Memberstaaten ze erreechen, besonnesch um sozialen a wirtschaftleche Plang, ier weider Memberstaaten der Europäescher Unioun kënne bäitrieden. An der Tëschenzäit solle bilateral a regional Accorde mat Länner aus dem Balkan oder Osteuropa ofgeschloss ginn, fir datt dës sech de Standarde vun der Europäescher Unioun progressiv upassen.

D'Entwécklungen an der Tierkei, déi ëmmer méi no un eng Diktatur réckelt, bestätegen déi historesch Haltung vun der ADR: D'Tierkei gehéiert net an d'Europäesch Unioun! Et muss elo jiddwerengem kloer sinn, datt d'Verhandlunge ronderëm en EU-Bäitrëtt vun der Tierkei mussen direkt an definitiv gestoppt ginn.

D'Relatioune mat der Ukrain verlaange vill Fangerspëtzegefill. D'Europäesch Unioun soll dëst Land ekonomesch ënnerstëtzen, seng Demokratiséierung begleeden an hëllefen, Friddensoptioune mat Russland ze fannen. D'Europäesch Unioun soll d'Komplexitéit vun der historescher a geopolitescher Lag vun der Ukrain erkennen a respektéieren an net derzou bäidroen, de Konflikt ze verschäerfen.

## 6) Baussen- a Sécherheetspolitik

D'Europäesch Unioun ass eng grouss Wirtschaftsmuecht a kann och an der Baussen- a Sécherheetspolitik e wäertvolle Bäitrag leeschten.

D'ADR besteet besonnesch och an der Baussen- a Sécherheetspolitik op d'Eestëmmegkeet bei den Decisiounen. Et kann zu temporärer, verstäerkter Zesummenaarbecht fir eenzel Aufgaben oder Missioune kommen, déi awer net muss institutionaliséiert ginn.

D'ADR ass géint „Directoiren" oder Gremien, an deenen net all Memberstaat gläichberechtegt vertrueden ass. Esou Gruppe vu Länner kënne keng Decisiounen huelen, un déi Lëtzebuerg an iergendenger Form gebonne wär.

Fir d'ADR misst d'Europäesch Unioun eng méi kredibel Roll bei der Verdeedegung vun den demokratesche Wäerter, der sozialer Gerechtegkeet an de Mënscherechter spillen. Dozou mussen an éischter Linn diplomatesch an ekonomesch Mëttele benotzt ginn.

D'ADR wiert sech géint déi aktuell Tendenzen, fir en neie Kale Krich ze bedreiwen. Et gëtt dofir keng objektiv Noutwennegkeet. D'ADR setzt sech derfir an, och mat Russland gutt Bezéiungen ze hunn – dëst am géigesäitege Respekt vun de jeeweilegen Interessien – a wiert sech géint Fuerderungen no méi Oprëschtung an Europa, besonnesch och am Beräich vun den nukleare Waffen. D'Europäesch Unioun huet en evidenten Interessi drun, fir och mat Russland eng laangfristeg Partnerschaft opzebauen.

Keen eenzele Memberstaat verfüügt iwwert déi néideg diplomatesch Muecht oder militäresch Ressourcen, fir am Fall vun enger gréisserer Kris eleng anzegräifen. Fir d'ADR muss sech d'Sécherheet um militäresche Plang weider an un éischter Plaz am Kader vun der Atlantescher Allianz (NATO) organiséieren, dëst ëmsou méi nom Brexit .

Fir och am Sécherheetsberäich enk Relatioune mam Vereenegte Kinnekräich nom Brexit virun ze fleegen, proposéiert d'ADR eng Revitaliséierung vun der Westeuropäescher Unioun (WEU), ënnert engem neien Numm, mat méi Memberen an engem iwwerschaffte Mandat, fir der geännerter geopolitescher Situatioun Rechnung ze droen.

D'ADR trëtt weider fir staark a frëndschaftlech Relatioune mat de Vereenegte Staate vun Amerika a mat Kanada an. D'Relatiounen tëscht de Memberstaate vun der NATO mussen um Prinzip vum géigesäitege Respekt baséieren. Déi europäesch Staate mussen och hire fairen Undeel an der gemeinsamer Verdeedegung droen, an dëst och bei den Depensë fir de Militärbudget.

Am Kader vu multilateralen Accorde sollen eenzel Memberstaaten eventuell mam Vereenegte Kinnekräich um militäresche Plang kënnen zesummeschaffen, fir militäresch Kräfte kënnen ze bündelen a Spuereffekter ze realiséieren. Dëst gëllt besonnesch beim Kampf géint den Terrorismus an doriwwer eraus bei Moossname fir d'Erhale vum Fridden ënnert engem Mandat vun de Vereenten Natiounen.

D'ADR ass der Meenung, datt ënnert dëse Viraussetzungen (Mandat vun de Vereenten Natiounen, vun der NATO oder am Kader vun der europäescher Verdeedegungspolitik) d'Lëtzebuerger Arméi operationell Contingenten, déi gutt forméiert an arméiert sinn, muss kënnen zur Verfügung stellen. Dobäi muss dës Entscheedung awer ëmmer der Lëtzebuerger Souveränitéit ënnerleien. An alle baussen- a sécherheetspolitesche Froe muss an Europa de Prinzip vun der Eestëmmegkeet gëllen.

D'ADR ass der Meenung datt d'Grënne vun enger europäescher Arméi net néideg an net sënnvoll ass. Eenzel militäresch Servicer kënnen ënnert de Memberstaate besser koordinéiert ginn, z.B. am Beräich vun der Ausbildung oder vum Equipement. Och beim Austausch vun Informatioune kënne Synergieeffekter zu enger verbesserter Sécherheet bäidroen. D'Cybersécherheet muss iwwerall an Europa ausgebaut ginn.

EU-Memberstaaten, déi neutral sinn, sollen net direkt oder indirekt ënner Drock gesat ginn, fir déi Neutralitéit opzeginn. All Staat ka souverän iwwer seng Sécherheetspolitik entscheeden.

## 7) Qualitéit fir Produzent a Konsument

Iwwer 50 Joer europäesch Agrarpolitik hunn derzou gefouert, datt d'Versuerge vum Konsument mat engem räichhaltege Sortiment vu gudden a präiswäerten Iesswueren an Europa garantéiert ass. Dat ass déi positiv Säit. Negativ ass, datt dës enorm Produktivitéitssteigerung op Käschte vum Bauerestand, vun der natierlecher Ëmwelt, vun den Déieren an deelweis vun den Drëttweltlänner geschitt ass.

Déi gemeinsam europäesch Agrarpolitik muss haut an hirer Gesamtheet hannerfrot an nei konzipéiert ginn. Dobäi muss esouwuel d'Akommes an d'Liewensqualitéit vun de Bauerefamilljen ewéi och de Schutz vun der Biodiversitéit an den natierleche Ressourcë Buedem a Waasser am Fokus stoen.

D'Philosophie vun der EU-Agrarpolitik muss déi sinn, der Land- a Forstwirtschaft erëm déi Roll zoukommen ze loossen, déi si an der ganzer Mënschheetsgeschicht schonn ëmmer hat: mat Hëllef vun den natierleche Ressourcen héichwäerteg Liewensmëttel a Materialien ze produzéieren, dëst wa méiglech ouni déi natierlech Ëmwelt ze schiedegen an dobäi eng positiv Bilanz a punkto Energie a Rohstoffer ze erreechen. Den Asaz vun duerch Mënsche produzéiert Chemikalie muss also, do wou et néideg ass, streng reglementéiert sinn.

D'Belaaschtung vum Grondwaasser, vun de Waasserleef a vum Buedem mat schiedleche Chemikalien an den dramatesche Réckgank vun der Biodiversitéit verlaangen op munche Plazen en Ëmdenken an Ëmsteieren. D'Baueren – bei deenen eenzel Erkrankunge méi heefeg virkommen ewéi beim Duerchschnëtt vun der Populatioun – sinn déi, déi am meeschten ënnert enger Politik ze leiden hunn, déi d'Gesondheet vun de Mënschen net ëmmer genuch berécksiichtegt. D'Wichtegkeet vun enger gesonder Ernierung fir jiddweree bedéngt och ëmmer eng kritesch Distanz zu reng industriellen Interessien. D'Zouloosse vu Chemikalien am Planzeschutz muss dowéinst enger neutraler europäescher Agence ënnerstallt a strengen an transparente Reegelen ënnerworf ginn.

D'Baueren an d'Wënzer si sécher net „Täter", mee dacks déi éischt Affer vun den Nodeeler vun där aktueller Agrarpolitik. Längerfristeg ass eng Landwirtschaft unzestriewen, déi am Aklang mat der Natur an ouni de Gebrauch vu gëftege Substanze schaffe kann. Dat heescht net, datt d'Rad erëm soll zeréckgedréit ginn. Mir brauche modern Methoden an Technologië fir dat Zil ze erreechen. D'Europäesch Unioun muss massiv finanziell Mëttele bereetstellen, fir dës technologesch Innovatioun virunzedreiwen an ze begleeden.

D'Bauere leiden ëmmer méi ënnert enger exzessiver Reglementatioun an enger iwwerdriwwener Bürokratie, déi hinnen d'Freed an d'Motivatioun hëlt, fir hire schéinen a wichtege Beruff auszeüben. Bei dëser Ëmorientéierung brauche si d'Ënnerstëtzung an d'Hëllef vun der Politik: Ofsécherung vun engem gerechten Akommes, Protektioun virun deloyaler Konkurrenz aus Drëttlänner, déi d'EU-Normen net respektéieren, an eng héichwäerteg wëssenschaftlech-technesch Berodung a Begleedung.

D'Politik huet ze respektéieren, datt e Bauerebetrib muss wirtschaftlech gefouert ginn. Et muss kënne genuch Profit gemaach ginn, fir de Baueren- a Wënzerberuff attraktiv ze halen. De Bauer däerf weder permanent zu engem Landschaftsgäertner am Déngscht vun enger ideologiséierter Ëmweltpolitik gemaach ginn, nach däerf hie mat permanente Kontrollen, inklusiv därer aus der Loft, gedirängelt ginn. D'Bürokratie an der Landwirtschaft ass ze verréngeren, amplaz si ëmmer weider ze vergréisseren.

D'EU-Agrarpolitik soll sech op eng sécher Versuergung vun der europäescher Populatioun mat héichwäertege Liewensmëttele konzentréieren. Dat heescht, datt d'Europäesch Unioun ophale soll, mat Import-Soja Iwwerschëss vu Fleesch a Mëllech ze produzéieren, mat deenen an Drëttweltlänner d'Mäert gestéiert an d'Existenz vu Baueren futti gemaach ginn.

E groussen Deel vun der Verantwortung an der Agrarpolitik läit op de Schëllere vun der Europäescher Unioun. D'ADR verlaangt awer och, datt d'Lëtzebuerger Regierung um nationale Plang genuch Spillraum behält, fir eng Politik ze maachen, déi de speziellen Ufuerderungen an eisem Land gerecht gëtt.

D'ADR plädéiert fir eng méi staark Ënnerstëtzung vun der Bioproduktioun, respektéiert awer déi beruflech a betriblech Fräiheet vun all Bauer – ënnert der Konditioun, datt esouwuel vernënfteg Gesondheets- an Ëmweltnorme agehale ginn ewéi och eng aartgerecht Déierenhaltung respektéiert gëtt.

D'ADR ass géint Sanktioune mat Agrarprodukter géintiwwer engem Drëttstaat. Dat geet op Käschte vun der Gesondheet a vun der Liewensqualitéit vun der Populatioun a féiert zu grousse Verloschter an de Bauerebetriber. An deem Kontext huet d'ADR och schonn e puer mol gefuerdert, fir d'Sanktioune géint Russland opzehiewen.

Och de Brexit däerf net zu neie Schwieregkeete fir d'Lëtzebuerger Baueren a Wënzer féieren.

D'ADR besteet drop, datt d'OGMen an Europa verbuede ginn, a fuerdert d'Regierung op, dëst Verbuet um internationalen Niveau ze ënnerstëtzen. D'ADR verlaangt, datt d'Europäesch Kommissioun d'Revendicatioune vun engem groussen Deel vun der Bevëlkerung a vun enger Majoritéit vun de Memberstaate respektéiert an datt si an deem Kontext all d'Geneemegungen, déi schonn erdeelt goufen, nees zeréckzitt. Och den Import vun esou Produkter an d'Europäesch Unioun muss verbuede ginn.

## 8) Déiereschutz: Dignitéit virum Commerce

Grondsätzlech wëllt d'ADR de rechtleche Statut vun den Déieren opwäerten, fir si besser kënnen ze schützen. An deem Sënn huet d'ADR um nationale Plang eng Ännerung vun der Verfassung virgeschloen. D'Zil ass et, d'Déieren och rechtlech net méi als „Saachen" ze bewäerten, mee als Liewewiese mat enger Sensibilitéit, deenen och eng gewëssen Dignitéit muss zougestane ginn. Och op europäeschem Plang wëllt d'ADR an déi Richtung goen.

Déi europäesch Normen an der Déierenzuucht mussen och bei Importprodukter applizéiert ginn, dëst am Kader vun Handelsaccorden. Den Transport vu liewegen Déieren an d'Schluechthaiser muss op e Minimum beschränkt ginn (lokal produzéieren a lokal schluechten), dëst och iwwert de Wee vun agreéierte mobille Schluechthaiser. An de Schluechthaiser musse vill cibléiert a permanent Kontrollen zougelooss ginn (Videokamera), dëst esouwuel wéinst dem Wuelergoe vun den Déieren ewéi och wéinst der Qualitéit vum Endprodukt fir d'Konsumenten.

Do ginn, wéi eng Rei Skandaler däitlech gemaach hunn, national Kontrollen um oppene Maart net duer! D'ADR fuerdert, datt hei och déi bestoend europäesch Strukture verstäerkt ginn, dëst a Form vun enger europäescher Veterinärsinspektioun. Vun dëser Institutioun ginn a reegelméissegen Ofstänn Kontrollen op allen Niveauen duerchgeféiert. Och fir den Agreement vu Schluechthaiser, déi vill am Export schaffen, soll dës Inspektioun zoustänneg ginn.

Weider mussen d'Produzenten, d'Schluechthaiser an d'Liewensmëttelindustrie aus Net-EU-Länner, déi awer Liewensmëttele mat déieresche Komponenten an d'Europäesch Unioun exportéiere wëllen, a Koordinatioun a mam Accord vun deene lokalen Autoritéiten, reegelméisseg Kontrollen duerch déi europäesch Veterinärsinspektioun mam Déiereschutz als Schwéierpunkt zouloossen. Selbstverständlech mussen déi selwecht Kritäre wéi an der Europäescher Unioun agehale ginn, z.B. bei der Käfeghaltung vun den Hénger oder beim Asaz vu „Medikamenter" (Hormoner, Antibiotiken, asw.).

D'ADR ass fir systematesch Kontrolle vun den Déierentransporter an de Schluechthaiser a fir eng heefeg Revisioun vun den Normen am Déiereschutz, fir dës un déi beschtméiglech Standarden unzepassen. Déi

europäesch Veterinärsinspektioun wéi och déi national zoustänneg Instanze solle genuch rechtlech a materiell Méiglechkeeten hunn, fir en effikassen Déiereschutz ze garantéieren.

D'ADR wëllt och eng permanent Iwwerpréiwung vun den Importdispositioune vu raren Déieren, exoteschen Déieren, Planzen a Juegdtrophäen. D'Memberstaate sollen derzou encouragéiert ginn, fir sech géigesäiteg beim Déiereschutz ze ënnerstëtzen. D'Ausbildung vun den Douannen an de Memberstaate gëtt besonnesch och am Interessi vum Déiereschutz verbessert.

Op europäeschem Niveau soll d'Recherche intensivéiert ginn, fir Déieren, déi vum Ausstierwe bedreet sinn, ze retten. Am Interessi vun der Biodiversitéit solle Schutzraim fir rar Déieren a Planzen och iwwert d'Grenzen ewech etabléiert ginn. All d'Zooen an Déiereparken an Europa sollen an all dës Ustrengungen institutionell mat agebonne ginn.

Experimenter mat an un Déiere sollen ëmmer weider zeréckgeschrauft ginn, mam Zil, si wa méiglech ganz ofzeschafen. Déierenexperimenter musse streng reglementéiert a kontrolléiert ginn, fir onnéidegt Leiden ze verhënneren.

Europawäit soll de Gebrauch vun Déieren am Zirkus ageschränkt a reglementéiert ginn. Attraktioune mat wëllen Déieren, Elefanten, Tigeren, Léiwen, Bieren asw. sollen verbuede ginn.

An der Europäescher Unioun soll et keng Pelzfarme ginn. Bei Importpelzer muss ee kënnen noweisen, wou d'Produkt hierkënnt a wéi déi Déiere gehale goufen. Hei ass et wichteg, Zertifizéierunge mat ganz strengen Normen duerchzesetzen.

D'Formatioun vun de Jeeër soll iwwerall den héchste Standarden entspriechen. De Jeeër muss ëmmer en aktiven Deel vum Naturschutz sinn. Déierentransporter zum Zweck vun der Juegd solle verbuede sinn.

## 9) Nohalteg Entwécklung ouni Schikane fir d'Bierger

D'ADR ass sech bewosst, datt d'Europäesch Unioun eng wichteg Roll an der nohalteger Entwécklung an am Klimaschutz ze spillen huet. D'ADR verlaangt awer och, datt den Equiliber tëscht der nohalteger Entwécklung an dem wirtschaftleche Wuesstem, esou wéi et am Artikel 3, Paragraph 3 vum Traité iwwert d'Europäesch Unioun virgesinn ass, bei allen Entscheedunge respektéiert gëtt.

D'Europäesch Unioun kann eng Virreiderroll spillen, mee muss dobäi awer och verlaangen, datt déi aner grouss Wirtschaftsbléck, mat deenen Europa an direkter Konkurrenz steet, déiselwecht oder ähnlech Ëmwelt- a Klimanorme respektéieren. Mir wieren eis och dogéint, datt ënnert dem Virwand, den CO2 ze reduzéieren, Industrien an Europa an zu Lëtzebuerg zougemaach ginn, fir datt déiselwecht Wueren dann op anere Kontinenter – ouni vill Ëmweltoplagen a mat Sozial-Dumping – hiergestallt an nees an Europa importéiert ginn. Dëst hëlleft dem Klima net, am Géigendeel!

D'ADR verlaangt vun der Europäescher Unioun, awer och vun de Lëtzebuerger Mandatairen an den Institutiounen (Kommissioun, Rot, Parlament), datt bei Verhandlungen iwwert de Klimaschutz d'Reegele vum „level playing field" op d'mannst tëscht de gréissere Wirtschaftsbléck respektéiert ginn.

D'Ziler vun der Agenda 2030 an dem Paräisser Klimaofkommes sinn a priori net einfach mateneen an Aklang ze bréngen. D'ADR ass der Meenung, datt fair a generéis Handelsofkomme mat Drëttweltlänner déi beschte Grondlag fir hir nohalteg Entwécklung bidden. Donieft kann a ville vun deene Länner op alternativ Energien opgebaut ginn.

D'ADR begréisst d'Efforten zugonschte vun den erneierbaren Energien an Europa an ass der Meenung, datt d'Europäesch Unioun besonnesch an der Entwécklung vun den elektreschen Transportnetzer eng Roll ze

spillen huet, fir e besseren Equiliber tëscht Produktiounsstanduert a Verbrauchsplaz ze garantéieren. D'Europäesch Unioun muss och d'Fuerschung fir eng méi ekologesch Produktioun vu sekundärer Energie, haaptsächlech Elektresch, an e méi rationalen Energieverbrauch ënnerstëtzen. Energieformen, bei deenen am Produktiounsprozess Mënscherechter verletzt ginn, däerfen net subventionéiert ginn.

D'ADR verlaangt vun der Europäescher Unioun, datt d'Fuerschung iwwert d'Batterien, ënner anerem fir d'Mobilitéit, an Europa weider gedriwwe gëtt, dëst mat den Objektiver fir méi ëmweltfrëndlech Techniken ze entwéckelen, fir Ressourcen ze schounen a fir datt déi europäesch Industrie net vun anere Wirtschaftsbléck ofhängeg gëtt. Dobäi solle Kobalt a Lithium duerch alternativ méi ëmweltschounend a manner rare Ressourcen ersat ginn.

Och d'Erfuerschung vun enger Alternativ zu Gefierer, déi reng iwwer Batterien ugedriwwe ginn, muss méi staark ënnerstëtzt ginn, z.B. d'Weiderentwécklung vun der „Fuelzell". Och muss eent vun den Ziler sinn, wichteg Kompetenzen an Industrien an Europa ze erhalen. Dës Recherchë sollen och am Kader vum „Luxembourg Auto Mobility Cluster" weidergedriwwe ginn.

D'ADR wënscht sech Normen a Labele fir d'Fabrikatioun vu Material, dat wéineg Energie verbraucht. De Konsument soll de Choix hunn an déi néideg Informatiounen, fir esou e Material ze kafen an ze benotzen, eventuell esouguer mat Subventiounen. Dës Normen däerfen dem Bierger awer net opgezwonge ginn. Esou Norme mussen derzou féieren, datt z.B. Autoe produzéiert ginn, déi esou wéineg Sprit ewéi méiglech verbrauchen an esou propper ewéi méiglech sinn. Och op dësem Marché mussen awer d'Wënsch vun de Konsumente respektéiert ginn.

D'ADR ass der Meenung, datt et, fir d'Mierer propper ze halen, net duergeet, Plastiksforschetten, Stréihällem an Ouerestäbercher an der Europäescher Unioun ze verbidden. Dës maachen nëmmen e minimale Prozentsaz vun der Verschmotzung duerch Plastik aus. Vill méi wichteg wär et, den Export vu Plastikoffall a Länner ze verbidden, déi dësen net fachgerecht recycléieren. D'ADR schwätzt sech dowéinst fir e Verbuet vum Export vu Plastikoffall aus. Parallel misst iwwert d'Entwécklungshëllef méi an den Ëmweltschutz investéiert ginn, mat Bedeelegung vun europäeschen Entreprisen an hirem „Know-how".

D'ADR ass derfir, datt d'Europäesch Unioun groussflächeg Projeten ënnerstëtzt, déi Plastik aus de Weltmierer huelen. An Afrika soll d'Europäesch Unioun déi Projeten ënnerstëtzen, déi speziell op eng Reforestatioun vun dréchenen Zonen ausgeriicht sinn.

D'ADR verlaangt vun der Lëtzebuerger Regierung, datt eist Land sech net – ënnert dem Virwand, datt eise BIP pro Kapp esou héich ass – zu méi groussen Efforten verflicht ewéi den Duerchschnëtt vun de Memberstaaten. Et muss ëmmer de realistesche Méiglechkeete vu Lëtzebuerg Rechnung gedroe ginn, z.B. beim Produktiounsundeel vun erneierbarer Energie.

## 10) Gesellschaftspolitesch Froen: eng national Kompetenz

Fir d'ADR däerf d'Europäesch Unioun keng Kompetenzen an de gesellschaftspolitesche Froen hunn. D'ADR verlaangt also, datt all déi europäesch Institutiounen, d'Europaparlament an den Europäesche Geriichtshaff mat abegraff, sech net an dës Froen amëschen. Dës ënnerleien eenzeg an eleng der d'Zoustännegkeet vun den nationale Gesetzgebungen. Fir d'ADR muss all Land kënnen am Respekt vu sengen eegene Wäerter, Traditiounen a kulturelle Wuerzelen iwwert esou Froen decidéieren.

Jiddwereen ass ugehalen, d'Gesetzer ze kennen an ze befollegen. Dowéinst musse sech och d'Auslänner an der Europäescher Union un all d'Gesetzer halen, déi an hirem Gaaschtland a Kraaft sinn, ouni sech op d'Recht vum fräie Persouneverkéier kënnen ze referéieren, fir sech esou Reegelen ze entzéien. Dëst zielt z.B. am Familljerecht.

D'ADR ass géint déi automatesch Unerkennung vun auslännesche Geriichtsuerteeler am Familljerecht, besonnesch am Beräich vun den Alimenter. Déi grouss Ënnerscheeder tëscht de Rechtssystemer, déi ganz ënnerschiddlech Gesetzgebungen a Prozeduren, déi héich Korruptioun an de Justizsystemer vu gewëssene Memberstaaten, d'Barrière vun der Sprooch, d'Ignoranz vun auslännesche Geriichter, wat d'Situatioun zu Lëtzebuerg ugeet, an déi héich Prozesskäschten am Ausland sinn nëmmen e puer vun de Problemer, déi sech an deem Kontext stellen. D'ADR ass dowéinst der Meenung, datt esou Uerteeler zu Lëtzebuerg mussen enger Exequatur-Prozedur (geriichtlech Iwwerpréiwung am Hibléck op eng eventuell Unerkennung an Ausféierbarkeet vun engem auslänneschen Uerteel zu Lëtzebuerg) ënnerworf sinn.

D'Promotioun vun der Gender-Ideologie (no där d'Geschlecht vum Mënsch e reng „soziaalt Konstrukt" wär an onofhängeg vun der Biologie) duerch europäesch Institutioune gëtt ënnerbonnen.

## 11) Héichschoul: national Kompetenz a Kooperatioun

D'ADR erënnert drun, datt am Traité (Art. 165) déi eenzel Memberstaaten d'Verantwortung fir den Inhalt an den Opbau vum Bildungssystem hunn. Dës Kompetenz muss och weider eenzeg an eleng eng Saach vun de Länner bleiwen. Dës souverän Kompetenz soll dobäi net enger gewëssener Konvergenz an Harmonisatioun um Niveau vun den Universitéiten an Héichschoulen an der géigesäiteger Unerkennung vun Diplomer an Ausbildungen am Wee stoen, wéi z.B. am Kader vum Bologna-Prozess (deen allerdéngs net am Kader vun der Europäescher Unioun stattfënnt). Dëse Wee zu méi Harmonisatioun muss awer ëmmer op fräiwëllegen Decisioune vun de Memberstaate berouen.

D'ADR ënnerstëtzt den Erasmus-Programm, deen d'Mobilitéit vun de Studente bannent engem europäesche Raum fir d'Héichschoule méiglech mécht. D'ADR rifft déi Verantwortlech op allen Niveauen derzou op, fir den Erasmus-Programm weider fir d'Studenten aus dem Vereenegte Kinnekräich gëllen ze loossen, genau ewéi och fir Studenten aus der Europäescher Unioun, déi am Vereenegte Kinnekräich studéieren – dëst nom Brexit, an egal a wat fir enger Form de Brexit duerchgezu gëtt.

Et däerf net nach eemol zu enger Bestrofung vun de Studente kommen, wéi dëst 2014 no enger Decisioun per Referendum iwwert d'Immigratioun an der Schwäiz geschitt ass! D'ADR verlaangt, datt d'Europäesch Unioun direkt Verhandlunge mat der Schwäiz ophëlt, fir si erëm integral an den Erasmus-Programm anzebannen.

D'ADR wäert sech derfir asetzen, datt d'Europäesch Unioun d'Austauschprogrammer fir déi europäesch Studenten a Salariéen ausbaut (Erasmus fir Universitéiten an Héichschoulen, Comenius fir de Secondaire, Leonardo da Vinci fir d'Beruffsausbildung, Grundtvig fir d'Erwuessenebildung). An all dës Programmer sollen esouwuel dat Vereenegt Kinnekräich ewéi och d'Schwäiz mat agebonne gi respektiv bleiwen.

D'ADR verschléisst sech och net enger Bedeelegung vun nach aneren europäesche Staaten un dëse Programmer, déi Leit, Wëssen a Kulturen iwwert Grenzen ewech solle matenee verbannen.

D'ADR rifft d'Regierung op, d'Jugend ze encouragéieren, fir un deenen Austauschprogrammer deelzehuelen, dëst och iwwert de Wee vu finanziellen Hëllefen. D'Studenten an d'Salariéen, déi an deem Kontext op Lëtzebuerg kommen, mussen hei gutt encadréiert ginn, och fir an hirer weiderer berufflecher Karriär positiv Relatioune mat Lëtzebuerg opzebauen.

Den Artikel 165 vum Traité geet och op de Begrëff „Diversitéit vun hire Kulturen a Sproochen" an. D'ADR insistéiert, datt och dësen Deel vum Traité voll a ganz respektéiert gëtt, dëst besonnesch fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur.

## 12) Fuerschung: Onofhängegkeet garantéieren

D’ADR ënnerstëtzt d’Ziler iwwert Fuerschung, technologesch Fuerschung a Raumfaart, wéi se am Traité am Kapitel 5, Titel 19 festgeluecht sinn.

An der Chamber huet d'ADR déi national Projeten iwwert d’Weltraumfuerschung ënnerstëtzt. Si wënscht sech hei awer méi Fangerspëtzegefill bei den Investissementer.

Am Beräich vun de Weltraumaktivitéite muss der ESA eng privilegiéiert Roll zoukommen. Wou et sënnvoll ass, sollen d'Lëtzebuerger Projete vun der LSA (Luxembourg Space Agency) an den europäesche Kontext agebonne ginn, a sief et och nëmmen, fir an deem Beräich eng Akzeptanz vun den anere Memberstaaten an den Institutiounen ze erreechen.

D’ADR freet sech, datt Lëtzebuerg als Sëtz vum Projet EuropHPC zeréckgehale ginn ass, an datt e Computer mat ganz héijer Leeschtung op Lëtzebuerg kënnt. Fir d’ADR geet et awer net duer, eng performant Infrastruktur ze hunn.

Lëtzebuerg brauch, fir d’Weltraumfuerschung, de Projet EuroHPC a wäit doriwwer eraus, vill méi jonk Leit, déi an dëse Beräicher eng gutt Formatioun hunn. Et muss dowéinst an d’Mënschen investéiert ginn, dat heescht virun allem och an d’Kanner an an déi Jonk, déi hei zu Lëtzebuerg opwuessen.

Fir datt méi Lëtzebuerger Privatbetriber kënnen u Fuerschungsprogrammer deelhuelen, déi um europäesche Plang initiéiert a kofinanzéiert ginn, muss eis Regierung dës Firmen adequat ënnerstëtzen, z.B. duerch d’Schafe vun engem Guichet unique, dee bei de Formalitéiten hëlleft. Och déi ëffentlech Fuerschungszentre mussen encouragéiert ginn an déi néideg Mëttele kréien, fir un europäesche Programmer deelzehuelen.

Wat d’Programmer ugeet, déi kontestéiert ginn oder kënne kontestéiert ginn, besonnesch um ethesche Plang, mussen déi national Regierungen, respektiv Parlamenter, ëmmer d’Méiglechkeet hunn, d’Bedeelegung vun hirem Land aus esou engem Programm zeréckzezéien.

Am atomare Beräich ass d’ADR derfir, datt déi europäesch Fuerschungsgelder prioritär an eng sécher Endlagerung vun nuklearen Offäll an d’Sécherheet vun deenen nach existenten Atomkraaftwierker, respektiv scho stëllgeluechten Atomkraaftwierker investéiert ginn.

D’ADR fuerdert déi respektiv europäesch Institutiounen an Entreprisen op, d’Fuerschung an d’Späicherung vun Energie, besonnesch d’Späichere vun Elektrizitéit, massiv ze ënnerstëtzen, fir esou déi erneierbar Energië méi rationell kënnen ze notzen, awer och fir net an nei Ofhängegkeete vun anere Länner ze geroden. Dëst gëllt och fir d’Fuerschung an d’Uwenne vun der kënschtlecher Intelligenz.

## 13) Wirtschaft, Finanzen an internationalen Handel

D’ADR steet, och an den Dossiere Wirtschaft a Finanzen, zu de Prinzipie vum Bannemaart an zu de véier Fräiheeten, déi am Eenheetlechen Europäeschen Akt, deen de 17. Februar 1986 zu Lëtzebuerg ënnerschriwwe gouf, definéiert sinn. Dat wieren de fräie Wuereverkéier, de fräien Déngschtleeschtungsverkéier (d’Fräiheet, fir sech oder eng Entreprise an engem EU-Memberstaat ze etabléieren), de fräie Persouneverkéier an de fräie Kapitalverkéier. D’ADR bedauert zudéifst, datt verschidde Prinzipien, ewéi de fräien Déngschtleeschtungsverkéier oder de fräie Kapitalverkéier, reegelméisseg vu grousse Länner a Fro gestallt ginn, z.B. wat d’Entreprisen ubelaangt, déi hire Sëtz zu Lëtzebuerg etabléiert hunn.

D'ADR verdeedegt d'Interessie vu Lëtzebuerg, ënner anerem fir d'Finanzplaz an d'Digitalekonomie ze erhalen. D'ADR ass fir d'Eestëmmegkeet bei de Votten, dëst besonnesch och bei Steierfroen.

Europa muss d'Asetze vu performanten Transport- an Energienetzer encouragéieren. D'Regierung muss derfir suergen, datt Lëtzebuerg Deel vun deenen Netzer ass. Duerzou gehéiert d'Opwäerte vun der d'Zuchlinn Bréissel–Lëtzebuerg–Stroossbuerg. De kombinéierten Transport (Schinnen a Strooss) soll weider encouragéiert ginn, woubäi awer net neie Camionstrafic op Lëtzebuerg soll ugezu ginn. Lëtzebuerg muss vun Ufank un Deel vun transeuropäeschen Energie- an Eisebunnsnetzer sinn.

D'ADR hätt gär sech, datt d'Kommunikatiouns- an d'Bankennetzer esou matenee verbonne sinn, datt d'Clientë si iwwerall an der Europäesch Unioun kënnen notzen, ouni mussen zousätzlech Käschten dofir ze droen.

Nom Artikel 207 (3) vum Traité ass d'Kommissioun zoustänneg, fir international Handelstraitéen ze negociéieren. D'ADR respektéiert dësen Artikel an huet Versteesdemech, datt an Zäiten, an deenen international haart verhandelt gëtt, d'Europäesch Unioun prinzipiell de richtegen Niveau fir esou Verhandlungen ass.

D'ADR wënscht sech dobäi och eng Stäerkung vun der Welthandelsorganisatioun, der WTO. Am Handel sollen, esouwäit ewéi méiglech, multilateral Verträg ausgehandelt ginn. A Sträitfäll bei Investissementer sollen déi nei Reegelen ugewannt ginn, mat richtege Geriichter amplaz Schiedsinstanzen.

D'ADR fuerdert awer och, datt nieft den Acteuren, déi am Punkt 2 vun dësem Artikel ernimmt sinn (de Conseil an d'Europaparlament), déi national Regierungen an déi national Parlamenter vill méi fréi a vill méi enk an esou Negociatiounen agebonne ginn. De Verhandlungsprozess muss esou transparent organiséiert ginn, datt keng onberechtegt Suerge kënnen opkommen. International Handelsverträg mussen op déi sozial Aspekter an ekologesch Noutwennegkeete Récksiicht huelen.

D'ADR besteet och drop, datt esou Traitéë mussen integral allen nationale Parlamenter virgeluecht ginn, déi souverän iwwert d'Ratifizéierung entscheeden. Eng provisoresch Applikatioun vun engem Traité gëtt da gestoppt, wann och nëmmen een nationaalt Parlament den Traité net ratifizéiert.

D'ADR verdeedegt den Industriestanduert Europa a verlaangt, datt dëse weltwäit kompetitiv bleift. Nëmmen esou kënnen Aarbechtsplaze geséchert an de Wuelstand garantéiert ginn.

D'Europäesch Unioun ass, nieft China an den USA, eng vun den dräi gréisste Wirtschaftsmuechte vun der Welt. Si importéiert fir 2.082 Milliarden Euro an exportéiert fir 2.276 Milliarden Euro (Zuele vun 2018, Eurostat). Si huet e groussen Undeel um Weltwuereverkéier. Dës Positioun bréngt Flichte mat sech, esouwuel géintiwwer dem Rescht vun der Welt ewéi bannent der Europäescher Unioun. Analog Flichte missten och fir déi zwee aner grouss Wirtschaftsbléck gëllen!

Fir méi kompetitiv géintiwwer China, den USA an Indien ze ginn, muss d'Europäesch Unioun en neit Gläichgewiicht tëscht Protektionismus an Oppenheet an der Industriepolitik fannen. D'Fusioun tëscht grousse Firmen däerf net weider systematesch verbuede ginn, mee muss déi global Konkurrenzsituatioun vun der Europäescher Unioun am Bléck behalen. De Konsument muss weider effikass géint Karteller geschützt ginn. Gläichzäiteg muss d'Europäesch Unioun der europäescher Industrie e „level playing field" bidden, fir mam technologesche Fortschrëtt Schrack ze halen.

Nëmme wann d'Europäesch Unioun ka mathalen, besonnesch bei den Internettechnologien, der Telekommunikatioun an der kënschtlecher Intelligenz, kënne mir eis héich Standarden an der Ethik an an der Sozialpolitik verdeedegen.

Weltwäit e fairen Handel fir jiddwereen ze organiséieren, wier d’Léisung fir vill Konflikter a géing zur Bekämpfung vun der Migratioun bäidroen. E fairen Handel baséiert net nëmmen um Ofschafe vun den Zolltariffer an op Investissementer am Ausland, mee muss och d’Mënscherechter, d’Sozial- an d’Aarbechtsrecht, d’Ëmwelt an déi nohalteg Entwécklung respektéieren.

Déi europäesch Staaten, déi hiert 0,7% Zil vum BNA (Bruttonationalakommes) bei der Entwécklungshëllef nach net erreecht hunn, sollen hir Ustrengunge weiderféieren oder aner Moossnamen treffen, z.B. an der Handelspolitik, déi manner entwéckelte Staate massiv an nohalteg hëllefen.

Betriber, déi sech an Europa niddergelooss hunn, mussen hirer sozialer Verantwortung gerecht ginn. Dëst gëllt selbstverständlech och fir Firmen, déi international agéieren.

D'Entreprisë mussen d'Mënscherechter, d'Sozial- an d'Aarbechtsnormen ewéi och d'Ëmweltstandarde respektéieren. Bei hire Fournisseuren an Zouliwwerer solle si am Respekt vun de Mënscherechter an engem fairen Handel verantwortungsvoll agéieren.

D'ADR géing et begréissen, wann d'Entreprisë sech hei fräiwëlleg géingen déi néideg Deontologie ginn. Fir Mënscherechtsverstéiss entgéintzewierken, kann e Reglement oder eng Direktive geschaf ginn, wat den Entreprisen hëllefe géing, sech déi néideg Deontologie ze ginn.

D’ADR besteet och drop, datt international Konzerner fair besteiert ginn an en adequate Bäitrag zur Allgemengheet leeschten, och do, wou si produzéieren an wou si hir Recettë generéieren.

De Konsumenteschutz an Europa muss gestäerkt ginn, besonnesch géintiwwer multinationale Konzerner. Am Beräich vun der elektronescher Kommunikatioun muss Lëtzebuerg méi entschlosse géint de „Geoblocking” virgoen.

Lëtzebuergesch Entreprisen däerfen net weider forcéiert ginn, fir sech mussen iwwer Drëttstaaten, wéi z.B. d’Belsch, ze approvisionéieren.

## 14) Fir e staarken Euro

D’ADR ass sech bewosst, datt d’Gemeinschaftswärung Euro de Bierger op d’mannst a groussen Deeler vun der Eurozon, dorënner och Lëtzebuerg, grouss Virdeeler bruecht huet. Lëtzebuerg, mat senger klenger Realekonomie awer iwwerproportional grousser Ausstralung an der Weltekonomie, muss esou oder esou un eng Weltwärung ugebonne sinn.

D’ADR schwätzt sech kloer fir den Euro aus, mee d’Länner aus der Eurozon mussen iwwert déi wirtschaftlech Kapassitéite verfügen an hir ëffentlech Finanzen esou geréieren, datt de Stabilitéits- a Wuesstemspakt respektéiert gëtt (Maastricht-Kritären: ëffentlechen Defizit ënner 3% vum PIB an ëffentlech Schold ënner 60% vum PIB).

Fir Memberen aus der Eurozon, déi do net mat de stäerkste Wirtschafte kënne mathalen, huet den Euro grouss Nodeeler. Griicheland war dat negatiivst Beispill dofir. Mee och aner Länner hu gelidden an esouguer grouss Länner wéi Italien a Frankräich sinn net aus der Geforenzon eraus.

D’Nodeeler vun der gemeinsamer Wärung a Wirtschaftszon leien virun allem doranner, datt d’Memberen net méi d’Méiglechkeet hunn, fir sech wirtschaftlech duerch eng Ofwäertung vun hirer Wärung ëmzestellen. Bei enger relativer Schwächt um wirtschaftleche Plang bleift nëmmen nach déi intern Ofwäertung iwwreg, déi oft un negativ sozial Konsequenze gebonne ass.

Aus deem Grond huet d’ADR schonn 2011 fir Griicheland e fräiwëllegen Austrëtt aus der Eurozon proposéiert; en Austrëtt, dee vu konkreten a massiven Hëllefsmoossname begleet wier, fir datt dës Natioun

nees hir wirtschaftlech Liewensfäegkeet a Souveränitéit zeréckkritt. Falls néideg muss dës Léisung – en (eventuell temporären) Austrëtt aus der Eurozon mat Hëllefsmoossname fir d'Wirtschaft vun engem Land ze stabiliséieren – och anere Länner aus der Eurozon, déi a grousse Schwieregkeete sinn, proposéiert ginn. Esou Moossname musse geholl ginn, fir sozial Katastrophen ze verhënneren an doriwwer eraus d'Vertraue vun de Bierger an den Euro an an d'Europäesch Unioun net ze ënnergruewen.

Och aner temporär Moossname sollen a Krise méiglech sinn, wéi z.B. den Euro als Parallelwärung fir international Echangen, nieft enger nationaler Wärung. D'ADR ass jiddwerfalls der Meenung, datt adequat Mechanisme musse méiglech ginn, déi wirtschaftlech Adaptatiounsprozesser bannent der Eurozon mat manner sozialer Häert, ewéi a Griicheland, erméiglechen.

Et däerf keng Doktrinn vun der Irreversibilitéit vun der Integratioun ginn, och net am Wärungsberäich. Déi ekonomesch Vernonft an dat soziaalt Gewëssen hu fir d'ADR de Virrang. Enger eventueller Spekulatioun op de Finanzmäert géint den Euro kann am beschten duerch e strikte Respekt vun de Maastricht-Kritären an eng verantwortungsvoll a glafwierdeg Stabilitéitspolitik vun der Europäescher Zentralbank entgéint gewierkt ginn.

D'ADR plädéiert fir national Mechanismen, déi gesond Staatsfinanze garantéieren. D'ADR ass awer géint en Amësche vun den internationalen Institutiounen an d'Budgete vun de Memberstaaten – mat der Ausnam vun deene Länner, déi zäitweileg a grousse Schwieregkeete sinn, an déi finanziell, duerch déi ënnerschiddlech Mechanismen, déi d'Europäesch Unioun an der Kris geschaf huet, ënnerstëtzt ginn. Dëst bezitt sech och op den europäesche Stabilitéitsmechanismus.

Eng Kontroll vum nationale Budget duerch aner Staaten oder europäesch Instanzen an engem „europäesche Semester" däerf et dowéinst nëmme fir Staate ginn, déi d'Maastricht-Kritären net respektéieren, an nëmmen esoulaang ewéi dat unhält.

D'ADR verlaangt, datt den Artikel 123 vum Traité iwwert d'Fonctionnement vun der Europäescher Unioun strikt respektéiert gëtt. Dësen Artikel verbitt et, de Memberstaaten e Kredit ze accordéieren. D'ADR ass géint eng Transfertunioun. Aus deemselwechte Grond kann d'ADR de Prinzip vun den Eurobonds net akzeptéieren. Och ass bei de Leit d'Akzeptanz fir eng Transfertunion net ginn. Si wär e weidere Schrëtt a Richtung vun engem europäesche Federalstaat.

D'ADR verlaangt, datt d'Lëtzebuerger Regierung hir Parten an den internationalen Organisatiounen nei verhandelt (Europäesch Zentralbank, Internationale Wärungsfong, asw.), fir datt d'Contributiounen am Verhältnis zur Awunnerzuel net iwwerdriwwen héich sinn. D'ADR fuerdert, datt d'Onofhängegkeet vun der Europäescher Zentralbank a vun den nationalen Zentralbanke weider strikt respektéiert gëtt.

D'ADR verlaangt eng Reform vum europäeschen Zentralbanksystem, fir grouss Ongläichgewiichter an den Target-2-Bilanzen ze verhënneren. Den Ausgläich tëscht den Zentralbanke muss esou organiséiert ginn, datt op d'mannst eemol d'Joer all national Zentralbank am Gläichgewiicht ass, ähnlech ewéi an der amerikanescher Federal Reserve. Fir eventuelle Schwieregkeeten entgéintzewierken, musse Schutzmechanismen am Target-System däitlech verstäerkt ginn. Och d'Kritäre vun der EZB fir Wäertpabeieren als Garantie kënnen unzëerkennen, musse verschäerft ginn. De Verbuet vun engem direkten Opkaf vu Staatspabeieren däerf net kënnen ëmgaange ginn.

## 15) Keng europäesch Taxen!

D'Europäesch Unioun verfüügt iwwert dës finanziell Ressourcen:

- eege Ressourcen: droits de douane („Zollabgaben"), prélèvements agricoles („Agrarabschöpfungen"), Tax op den Zocker;
- TVA-Ressource: „Abrufsatz" vun 0,3% op den nationalen TVA-Recetten (17 Milliarden Euro oder 12% vum EU-Budget 2018);
- Ressourcen aus dem Bruttonationalakommes (RNB): All Memberstaat muss 0,73% vu sengem Bruttonationalakommes ofginn (103 Milliarden oder 71% vum EU-Gesamtbudget 2018);
- ënnerschiddlech Ressourcen: Besteierung vun den EU-Beamten, Geldstrofen, Contributioune vun Drëttlänner fir spezifesch Programmer;
- dat Vereenegt Kinnekräich (bis zum Brexit), Schweden an Holland hu Recht op en Ausgläich.

Vill Unhänger vun engem zentralisteschen Europa wëllen der Europäescher Unioun méi Sue ginn, verschiddener plädéieren esouguer fir eng oder méi europäesch Steier(en). D'ADR ass vehement géint d'Aféiere vu Steieren an Taxen um europäeschen Niveau. Dëst gëllt och fir eng Tax op der Fligerei (Kerosin, Fluchbilljeeën, asw.), wéi se vun Holland an der Belsch virgeschloe ginn ass – eng Iddi, déi leider och vun der aktueller Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt gëtt.

D'Recht fir Steieren oder Taxen ze erhiewen, ass historesch gesinn ee vun de wichtegste Fëllementer vum Parlamentarismus, an d'Ofstëmmung iwwert de Budget an d'Budgetskontroll gehéieren zu de wichtegste Virrechter vum Parlament géintiwwer der Exekutiv.

Enger europäescher Institutioun d'Recht ze ginn, EU-Steieren ze erhiewen, géif net nëmme bedeitend manner Souveränitéit fir d'Memberstaate heeschen; et wär och e fatale Schrëtt a Richtung Federalismus.

D'ADR ass géint en Erhéije vum Budget vun der Europäescher Unioun iwwert d'Inflatioun an d'Progressioun vum PIB eraus. Wien ëmmer méi Budgetsdisziplin vun de Memberstaate verlaangt (Scholdebrems, europäescht Semester, asw.), kann dës Prinzipien net ignoréieren, wann et ëm säin eegene Budget geet. Déi europäesch Institutioune musse sech „der Decken no strecken" an däerfen net ëmmer méi an nei Ressourcë fir sech verlaangen!

D'Europäesch Unioun muss hir Ausgaben op hir aktuell Kompetenzberäicher limitéieren. Si däerf op kee Fall iwwert de sougenannte Cadre financier pluriannuel 2014-2020 goen, an deem hir finanziell Engagementer op 1% vun hirem RNB plafonnéiert sinn.

De Verdéngschtausfall fir d'Europäesch Unioun duerch de Brexit däerf net kompenséiert ginn, mee d'Europäesch Unioun muss hir zukünfteg Ausgaben un hir aktuell Recetten (also ouni d'Vereenegt Kinnekräich) no ënnen upassen.

D'Gestioun vun den europäeschen Institutiounen, vun hirer Verwaltung a vun hire villen Agencë muss mat der néideger Rigueur assuréiert a reegelméissege Kontrollen ënnerworf ginn. Déiselwecht Rigueur an dës Kontrolle mussen och fir d'Subventiounen, déi d'Europäesch Union ausbezilt, gëllen. Dem Europäesche Rechnungshaff mat Sëtz zu Lëtzebuerg fält heibäi eng wichteg Roll zou. D'Kontrollen an d'Héicht vun de Subventioune mussen an enger Proportionalitéit stoen. Besonnesch bei klengen Zommen (wéi z.B. vill Bauerebetriber se kréien) däerf eng berechtegt Kontroll net zu enger administrativer Schikan degeneréieren.

D'ADR schwätzt sech géint europäesch Taxen am Fluchverkéier aus. Ënnert dem Virwand vum Klimaschutz géifen duerch esou Steieren europäesch Fluchlinnen, dorënner och d'Cargolux, nach manner performant

géintiwwer der Konkurrenz ginn, ënner anerem aus dem Mëttleren Orient. Am Endeffekt ginn dës Taxe vun de Passagéier respektiv de Konsumente gedroen.

D'ADR wiert sech géint all nei Taxéierung vun den Autofuerer (wéi z.B. d'PKW-Maut an Däitschland), déi sech dem fräie Persouneverkéier an de Wee stellt. D'ADR bedauert, datt eis Regierung sech net méi an den internationalen, europäeschen a bilaterale Verhandlunge géint esou Taxe wiert. Am Fall vun der Aféierung vun esou Taxen am Ausland, wëllt d'ADR d'Reciprocitéit préiwe loossen. Dobäi däerf d'Besteierung vum Autofuere fir Leit, déi hiren Auto zu Lëtzebuerg ugemellt hunn, global net méi deier ginn.

---

[1] Nom **Subsidiaritéitsprinzip** soll eng (staatlech) Aufgab esouwäit ewéi méiglech vun den ënneschten Niveaue respektiv der klengster Unitéit gemaach ginn. D'Europäesch Unioun däerf nëmmen aktiv ginn, wann d'Memberstaaten der Meenung sinn, datt hir politesch Ziler besser um Niveau vun der Unioun kënnen erreecht ginn.

[2] **Kompromëss vu Lëtzebuerg** gouf en Ofkommes genannt, dat den 29. Januar 1966 Divergenzen an der Agrarpolitik vun der EWG an domat d'franséisch "Politik vum eidele Stull" op en Enn bruecht huet. Lëtzebuerg hat deemools d'Conseilspresidence. Den 1. Juli 1965 goufen d'Verhandlungen iwwert den Agrarfonds duerch Frankräich ënnerbrach. E puer Méint laang huet Frankräich keng Ministere méi an d'Reunioune vum Conseil vun der Europäescher Gemeinschaft geschéckt, esou datt dee keng Decisioune méi konnt huelen. De sougenannte Lëtzebuerger Kompromëss huet virgesinn, datt de Conseil a Fäll, bei deenen hie grondsätzlech mat qualifizéierter Majoritéit entscheede kéint, viruverhandele misst, wa „ganz wichteg Intressien" vun engem Memberstaat betraff wieren. Am Text gouf déi ënnerschiddlech Opfaassung vu Frankräich op der enger Säit, an deenen anere 5 Länner op der anerer Säit, och däitlech: Frankräich hätt gär gehat, datt an esou engem Fall esoulaang viruverhandelt sollt ginn, bis en unanimt Resultat virleie géif; déi aner Staaten hu festgestallt, datt et keng Eenegung doriwwer géif, wat geschéie sollt, falls keng Unanimitéit zustanekéim. Dofir war de Lëtzebuerger Kompromëss am Fong guer kee Kompromëss, mee en Text, deen d'Meenungsverschiddenheeten iwwer d'Applikatioun vu Votte mat qualifizéierter Majoritéit schrëftlech dokumentéiert huet. Duerch dëst Iwwereneekommes ass awer eng Zort Gewunnechtsrecht entstanen, nodeem d'Memberstaate bei wichtege Fäll esoulaang viruverhandelen, bis datt se e Konsens erreechen. Och wann et deemno net juristesch verbindlech ass, gëtt dat an der Praxis agehalen, och an deene Fäll, an deenen eng qualifizéiert Majoritéit duergoe géif. (Quell: Wikipedia)

[3] **Kopenhagener Kritären:** Dës goufen fir d'Ost-Erweiderung zesummegestallt a sinn elo Bestanddeel vum Traité vu Lissabon. Si ëmfaasse politesch Kritären (Mënscherechter, institutionell Stabilitéit, demokratesch a rechtsstaatlech Gronduerdnung, Respekt a Schutz vu Minoritéiten), wirtschaftlech Kritären (den Drock vum Bannemaart aushalen, eng funktiounsfäeg a kompetitiv Maartwirtschaft, oppe Mäert géintiwwer dem Ausland) an Acquis-Kritären (d'Fäegkeet, sech d'Verflichtungen an Ziler, déi eng EU-Memberschaft matbréngt, unzëeegnen).